



huelen, aner Partie wëlt méi wéi dat Normalt maachen, andeems se Primme géife ginn, wann ee Frae mat op d'Lëscht hält, firwat een da misst eppes belounen, wat normal ass. D'Regierung géif strofen, wann dat Normalt net agehale géif ginn.

Mä ech froen d'Demokratesch Partei: Wat ass dann elo fir si dat Normalt? Well, liesen ech dach an deem virdrun zitëierten „Land“-Artikel, ech zitëieren: „Quoten waren für die Demokratische Partei nie die optimale Lösung, um der geschlechtsspezifischen Ungerechtigkeit zu begegnen.“ Dann, e bësse méi wäit: „Bei den Koalitionsverhandlungen zur blau-rot-grünen Regierung reagierte die DP auf die Entwicklungen im internationalen, vor allem im europäischen Umfeld, wandte sich von ihrer ursprünglichen Position ab und akzeptierte eine gesetzliche Quotenreglung für Verwaltungsräte und Parteilisten. Bei 40% liegt demnach das anvisierte Ziel der Regierung.“ An elo kënnt et: „Auch hat sich die Demokratische Partei damit einverstanden erklärt, ein ausgeglichenes Geschlechterverhältnis auf Wahllisten finanziell zu fördern. Also umso irritierender ist deshalb der rezente Vorstoß des Chancengleichheitsministeriums anzusehen, bei der Parteienfinanzierung Kürzungen bis zu 75% vorzunehmen, sollten die vorgeschriebenen Quoten nicht eingehalten werden. Eine solche Regelung - die JDL bezeichnet sie in ihrer Pressemitteilung als „populistisch“ - erscheint mir allerdings ein äußerst diskriminatorischer Eingriff in die organisatorische Freiheit der Parteien und ihrer Sektionen. Sie läuft Gefahr, im Namen des schönen Mammons die Falschen in der Politik zu fördern.“ Enn vum Zitat.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Dat erkläert also, firwat mir ëmmer gemenzt hunn, an der Chancëgläichheetskommissioun séize Membere vun enger anerer DP wéi déi vun de Regierungsmembere! An duerch dësen interne Koalitionsdruck, hu mer verstanen,...

(**Hilarité générale**)

...ass d'Chancëgläichheetsministesch schlussendlech derzou komm, fir musse Waasser an hire Wäin ze schëdden. An dofir déi Iwwergangsfrist, fir dass déi finanziell Strofen eréischt voll spille...

(**Interruption**)

...bei deenen iwwernächste Wahlen.

D'CSV huet an der Kommissioun eng Alternativ virgeluecht an den 28. Juni Amendementer abruucht, déi awer vun der Majoritéit, de Rapporteur huet et gesot, verworf goufen.

Ech wëll, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'CSV-Amendementer awer hei nach eng Kéier abrëngen an och zum Vott stellen, an deemno sollen déi Parteien, déi eng Geschlechterquot vu mindestens engem Drëttel erfëllen, also eng deementspreechend finanziell Ënnerstëtzung kréien, net op Basis vum Parteifinanzierungsgesetz, mä op Basis vum ofgeännerte Wahlgesetz vum 18. Februar 2003. An do soll den Artikel 93 en neien Abschnitt bäikréien: Wat eng Partei méi no bei de Sockel vu 40% kënnt, wat d'Majoritioun op der Dotatioun fir d'Wahlkampfkäschte méi héich gëtt.

Fir d'Chamberswale kann et deemno en Opschlag gi vu 5% bis 25% ab 20 bis 24 Kandidaten, wann iwwert déi véier Wahlbezierker d'national Moyenne erreecht ass.

Fir d'Europawahlen, mat engem eenzege Wahlbezierk, géifen dat 12,5% ausmaache fir e Minimum vun engem Drëttel bis 40%, wat a béide Fäll zwee Kandidaten ausmécht.

Dat wier also direkt gekoppelt un d'Wahlen a géif och nëmmen all fënnf Joer erfalen. Dat wier eng ganz moderéiert Ausgab, well et geet jo net drëms, fir d'Parteikeesen ze fëlle respektiv Fraen „ze kafen“ oder Abus mam Budget ze bedreiwen. An dat ass also a kuerzen Zich déi Alternativ, déi d'CSV proposéiert huet. An dofir déposieren ech déi och nach eng Kéier, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Villmools Merci.

Amendement 1

L'intitulé du projet de loi est remplacé par l'intitulé suivant:

«Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 et portant modification - de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Aselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach - de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg»

Amendement 2

L'article 2 est remplacé par la disposition suivante:

«L'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 et portant modification - de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Aselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach - de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg, point 1. est complété par un nouvel alinéa c) qui prend la teneur suivante:

c) Le montant total de la dotation telle que résultant des points a) et b) est augmenté de:

- 5% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 20 candidats de chaque sexe

- 10% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 21 candidats de chaque sexe

- 15% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 22 candidats de chaque sexe

- 20% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 23 candidats de chaque sexe

- 25% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 24 candidats de chaque sexe»

«L'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 et portant modification - de la loi du 31 octobre 1977 portant fusion des communes de Aselborn, Boevange/Clervaux, Hachiville et Oberwampach - de la loi du 27 juillet 1978 portant fusion des communes de Arsdorf, Bigonville, Folschette et Perlé - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Harlange et Mecher - de la loi du 23 décembre 1978 portant fusion des communes de Junglinster et de Rodenbourg, point 2. est complété par un nouvel alinéa c) qui prend la teneur suivante:

c) Le montant total de la dotation telle que résultant des points a) et b) est augmenté de 12,5% si les partis et groupements politiques présentent des listes comprenant au moins 2 candidats de chaque sexe.»

Exposé des motifs

Le CSV s'est engagé à promouvoir une représentation plus équilibrée des hommes et des femmes dans tous les domaines et tous les niveaux de la société.

Ainsi, une représentation plus équilibrée des hommes et des femmes dans les organes de prise de décision politique ainsi qu'un accès plus équitable et une meilleure participation des femmes aux structures du pouvoir et aux processus décisionnels est un objectif déclaré de longue date du CSV.

Le CSV a en effet depuis longtemps inscrit dans ses statuts le principe d'une représentation équilibrée entre les hommes et les femmes. Il s'est engagé volontairement et sans que le législateur ait besoin d'intervenir dans cette voie. Les statuts du CSV prévoient, en ce qui concerne plus précisément les listes des candidats pour les élections législatives, les élections européennes et, qui plus est, pour les élections communales que chaque sexe doit bénéficier d'une représentation obligatoire d'au moins 33% sur les listes en question. Le CSV est allé au-delà en fixant un seuil facultatif de 40% de représentation de chaque sexe pour ces mêmes élections. Si ce seuil est facultatif, il n'en demeure pas moins que ce seuil représente pour le CSV un objectif qu'il souhaite atteindre. À noter également que cette mesure ne peut être considérée comme une mesure isolée, mais constitue un élément parmi d'autres afin de promouvoir l'égalité entre les hommes et les femmes tant au sein d'un parti qu'au sein de la société.

Le Gouvernement entend promouvoir la représentation équilibrée des hommes et des femmes dans la sphère de la prise de décision politique en proposant l'instauration d'un quota obligatoire de 40% du sexe sous-représenté sur les listes électorales et la mise en place de sanctions financières en cas de non-respect des minima imposés. Le CSV est d'avis que cette stratégie ne constitue pas la meilleure voie pour parvenir à une représentation plus égalitaire des hommes et des femmes en politique.

Le CSV est et reste, au contraire, convaincu que les quotas minima décidés volontairement par les organes internes des partis politiques feront davantage avancer la question de la parité entre les sexes dans la sphère politique que des proratas imposés obligatoirement par le législateur. En fixant volontairement des seuils de représentation minimaux, un parti politique prend un engagement auquel il croit foncièrement. Il mettra, dès lors, cette décision en œuvre sans faux-semblants.

Alors que le CSV est, à côté du parti politique déi gréng, le premier des grands partis à avoir inscrit le principe d'une représentation équilibrée entre les hommes et les femmes dans ses statuts et que cette représentation équilibrée est dans les faits loin d'être atteinte, le CSV est convaincu qu'il faut promouvoir une représentation plus proportionnée au niveau de la sphère politique. Pour le CSV, il s'agit d'amener les partis politiques à adopter dans leurs statuts des dispositions analogues, par exemple à celles auxquelles lui-même est soumis.

Dans cette logique, et en l'absence d'une réflexion plus approfondie sur le système électoral au Luxembourg, le CSV propose de mettre en œuvre non pas un système de pénalités en cas de non-respect des quotas minima pour chaque sexe, système qui ne garantirait nullement un changement de comportement des partis vis-à-vis de la nécessité d'une représentation politique plus équilibrée, mais un système qui incite de manière positive les partis politiques à œuvrer pour une meilleure représentation.

La proposition du CSV consiste à majorer les montants que les partis politiques se voient allouer dans le cadre de la loi électorale de 2003 telle que modifiée. Il nous semble plus logique de prendre comme base la loi électorale de 2003 plutôt que la loi sur le financement des partis politiques de 2007 dans la mesure où il s'agit de garantir un meilleur équilibre entre les candidats et les candidates au niveau des listes électorales établies à l'occasion d'élections. La majoration est échelonnée en fonction du pourcentage minimum de candidats/candidates que les partis politiques présenteront sur les listes à l'occasion des élections législatives et européennes.

Afin d'éviter que la promotion d'une meilleure représentation ne devienne un enjeu financier et soit utilisée par les partis politiques pour renflouer leurs caisses, il est évident que les éventuelles majorations ne sauraient être allouées que tous les cinq ans au moment des élections législatives. En outre, leur montant doit être fixé de manière équilibrée afin de constituer un incitatif pour les partis politiques à présenter des listes plus proportionnées en évitant toutefois toute sorte d'abus et de répercussions exagérées sur le budget de l'État. Les amendements proposés tiennent compte de ces exigences.

Commentaire de l'amendement 1:

En raison de l'objet de l'amendement 2 portant modification d'une loi différente de celle de la proposition gouvernementale, à savoir de la loi électorale et non de la loi portant réglementation du financement des partis politiques.

Commentaire de l'amendement 2:

L'amendement a pour objet de modifier l'article 93 de la loi électorale du 18 février 2003 en introduisant un nouveau montant supplémentaire sur le montant total de la dotation destinée à couvrir des frais des campagnes électorales à allouer aux partis et groupements politiques. Ce nouveau montant est accordé lorsqu'ils respectent, en outre des conditions prévues par ladite loi, la présentation d'un minimum d'un tiers de candidats de chaque sexe sur les listes à présenter pour les élections législatives et européennes. Il s'agit d'un système de majoration progressif proportionnel aux candidats du sexe sous-représenté en supplément au minimum du tiers exigé. Le tableau de correspondance «pourcent - personnes physiques» est le même que celui proposé par le projet de loi gouvernemental.

Pour ce qui est des listes de candidats aux élections législatives, la majoration du montant passe progressivement de 5% pour atteindre 25% pour une proportion de 40% de candidats de chaque sexe. Est exigée la présentation d'un minimum de 33,33% de candidats de chaque sexe sur les listes de chacune des quatre circonscriptions. Au-delà, jusqu'à l'atteinte de l'objectif de 40%, le paramètre utilisé pour le contrôle sera la moyenne des candidatures du sexe sous-représenté figurant sur les listes présentées dans les quatre circonscriptions électorales.

En ce qui concerne la liste de candidats aux élections européennes dans la circonscription nationale unique, une majoration unique de 12,5% est accordée pour le minimum exigé d'un tiers de candidats jusqu'à l'atteinte de la proportion de 40%, ce qui équivaut dans les deux cas à un nombre absolu de 2 candidats.

(s.) Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, Françoise Hetto-Gasch, Martine Mergen, Laurent Zeimet.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- An ech froen, dass nach eng Kéier kann driwwer ofgestëmmt ginn. A vläicht kënne jo d'Kolleege vun der DP oder nach aner Kolleege sech och gären deenen Amendementer do vun der CSV ralliëieren, déi mer dann nach eng Kéier hei zum Vott stellen.

D'CSV stoung a steet fir eng Politik, déi d'Fraen aktiv fërdert, an dat op allen Niveauen an an alle Gesellschaftsberäicher. Virun allem ass e

Bewosstsäinswandel néideg, an dee Wee musse mer zesumme mat de Männer goen. D'Halschlecht vun den Talenter, d'Halschlecht vun der Verantwortung, jo! Dat geet awer net mat der Briechstaang, soss riskéiert net nëmmen den „gliesene Plaffong“, a Schierbelen ze goen.

Eng méi héich Proportioun vun de Kandidatinnen op de Wahllëscht vun de Parteien heescht jo och net automatesch, dass méi Frae gewielt ginn. Quot hin Quot hier, leschtendlech mussen d'Fraen, wéi gesot, gewielt ginn, an do behale selbstverständlech d'Wielerinnen an d'Wieler dat lescht Wuert.

Ech kann hinne just hei e Wuert vun der Madamm Michelle Bachelet, der fréierer Presidentin vum Chile, mat op de Wee ginn...

(**Interruption**)

Pardon, jo, nees Presidentin!

...mat op de Wee ginn: «La politique gagne en qualité quand il y a des femmes.»

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Andrich.

4. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite de la délégation sénatoriale du Royaume du Cambodge sous la conduite de Mme Ty Borasy, Présidente de la Commission des Affaires étrangères du Sénat

Ier ech d'Wuert weiderginn, wollt ech nach léif Gäscht bei eis begrëssen.

Chers collègues, j'ai le plaisir de saluer cordialement la présence sur notre tribune d'honneur d'une délégation sénatoriale du Royaume du Cambodge sous la conduite de Madame Ty Borasy, Présidente de la Commission des Affaires étrangères du Sénat.

Chère Madame, c'est un honneur pour nous et un privilège de vous accueillir ainsi que votre délégation à cette séance publique de la Chambre des Députés. Je vous souhaite encore un agréable séjour et de bons échanges entre votre sénat et notre parlement. Merci d'être venus.

(**Applaudissements**)

Voilà, léif Kolleegen, da géife mer weiderfuere mat eisen Diskussiounen. An als nächst huet d'Madamm Taina Bofferding fir d'LSAP d'Wuert. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

(**Brouhaha**)

5. 6892 - Projet de loi portant

1. modification du Code du travail

2. modification de l'article 2 de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques (suite)

Discussion générale (suite)

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën, dëst Gesetz verfollegt zwee Prinzipien, déi menger Partei, der LSAP, enorm wichteg sinn: Gerechtegkeet an Egalitéit. D'Gläichstellungspolitik hei am Land ass kee Randthema. Dat ass erfreesch. An dat weist och d'Ministesch vun der Egalitéit mat dem ambitiësen Aktionsprogramm, dee sougutt déi gläichberechtigt Participatioun vu Fra a Mann an alle Beräicher vun eiser Gesellschaft wëllt verbesseren, wéi och d'Visibilitéit vu Fraen am effentleche Raum.

An et ass erfreesch, dass mer endlech légifërëieren, konkret Mesuren huelen an net nëmmen driwwer diskutëieren.

Déi Instrumenter, déi mer eis elo wëlle ginn, waren och Bestanddeel aus dem Wahlprogramm vu menger Partei. Fir eis huet Chancëgläichstellungspolitik en héije Stellenwäert. Nëmmen eng gläichgestallte Gesellschaft ass eng modern Gesellschaft. Nëmmen eng gläichgestallten Economie ass eng zukunftsfest Economie. An dofir brauche mer kloer Regele fir d'Politik a fir d'Economie.

A mir deele sécherlech net d'Ausso, déi viru jore vun enger Associatioun, déi iwwregens nëmmen aus engem Geschlecht bestanen huet, gemaach gouf, dass hei am Land eng feministesch Politik mat männerfeindlechen Auswierkunge géif praktizéiert ginn.

(**Interruption**)



A genau hei ass et awer wichteg ze verstoen, dass d'Chancëgläichstellungspolitik net Anti-Männer-Politik mengt, villméi geet et ëm d'Hierstellung vun de gläiche Rechter fir Fraen a Männer duerch ganz spezifesch Mesuren a Gender Mainstreaming als integrativ an ëmfaassend Gläichstellungspolitik.

Natierlech ass et kloer, dass déi Mesuren, déi mer elo wäerten huelen, virun allem wäerte Frae profitéieren. Et ass kloer, well déi hu jo nach esou munches nozehuelen.

Ech selwer war virun e puer Joer iwwerzeegt, dass mer keng Quot brauchen an dass eben d'Zäit dës eklatant Fraelück an alle Beräicher géif schléissen. A grad als jonk Fra muss ech agestoen, dass deem net esou ass. Dass Fraen op Féierungsposten an an der Politik nach ëmmer eng Minoritéit sinn, ass e Problem, dee sech net mat der Zäit léist, mä dee mir musse politesch regelen.

„Zwang“ ass en ellent Wuert an „Quot“ wuel kaum e bessert. Mä et gëtt awer vill Argumenter, déi fir eng Geschlechterquot schwätzen. Ech ka verstoen, dass eng Fra keng Quote fra wellt sinn, dass si léiwer eben duerch hir Kompetenze wäertgeschat gëtt an och doduerch agestellt gëtt. Dogéint ass och näischt anzuwenden. Den Denkfeeler läit awer doranner ze mengen, dass eng Quot bei ongläicher Qualifikatioun zum Asaz kéim. Dat ass net d'Zil vum System! Et geet net drëms, tëschent op där enger Säit enger inkompetenter Fra an engem kompetente Mann ze entscheeden an esou eng Fra op e Posten ze setzen, nëmme well et eng Fra ass.

D'norwegesch Wirtschaft, déi jo mat enger Quot funktionnéiert, déi géif dach bestëmmt net zouloossen, dass Quote fraen an hire Verwaltungsrëit séizen, déi absolutt net kompetent sinn, déi vun näischt Anung hunn an déi iwwerhaupt näischt wëssen. Dat gleeft dach keen heibannen!

Beim Quotesystem geet et drëms, bei gläicher Qualifikatioun a Kompetenz deem Geschlecht de Virtrëtt ze loossen, dat do ënnerrepräsentéiert ass. An a Frankräich soe se: «Qualification et compétence d'abord, le quota ensuite.»

Dat Argument, wat jo och oft ze héieren ass, dass fläisseg a kompetent Fraen automatesch sech kënnen duerchsetzen, fannen ech perséinlech dreist. Well all déi Fraen, déi net do sinn, wou se wëllen, gëtt d'Gefill vermëttelt, dass si net gutt genuch wäeren. Vu dass mer e geréngen Undeel u Fraen an der Politik an a Féierungsposten hunn, géif dat bedeuten, dass d'Fraen net déi erwünschte Leeschtung géifen erbréngen an net kompetent genuch wäeren, soss wäeren der jo méi do vertrauden.

Virun allem géif et awer och bedeuten, dass Männer an der Regel méi qualifizéiert wäeren. A genau dat Argument verkennt awer d'Realitéit: Mir hunn och gutt ausgebild a kompetent Fraen, déi eng drop hunn! Si hunn am Duerchschnitt e bessere Schouloflosschloss a verloossen och méi oft d'Uni mat engem Diplom an der Täsche. Also kann et net alleng dorunner leien, also un der Kompetenz, dass d'Fraen net do sinn, wou se wëllen.

Et muss ee kee Fan vun der Quot sinn. Et kann een awer net ignoréieren, dass d'Quot iwwerall do, wou se agefouert ginn ass, dozou bäigedroen huet, eben eng daitlech besser Representatioun vun de Geschlechter ze verwierklechen.

Norwegen gëtt jo ëmmer als Paradebeispill zitëiert. Haut diskutéiert do kee méi driwwer, ob nach méi Fraen do mussen an d'Virstänn rekrutëiert ginn. Et ass selbstverständlech ginn, dass Fraen do sinn! Oder kucke mer op eis méi direkt Nopere, d'Belsch: Déi hunn '99 eng Quoteregulung agefouert, wat zur Konsequenz huet, dass den Undeel u weibleche Politiker an der Regierung geklommen ass. A si hunn hiren Undeel souguer méi wéi verduebelt. Dofir huet d'LSAP sech och fir eng gesetzlech progressiv Quoteregulung op de Wahllëschten ausgeschwat.

Natierlech ass eng Kandidatinnequot keng Garantie fir gewielt ze ginn. Mat dësem Gesetz wäerte mer bestëmmt net derfir suergen, dass bei deenen nächste Landeswahlen méi Fraen hei an der Chamber wäerte sinn. De Choix läit nach ëmmer beim Wieler, an dat ass och richtig esou. D'Erfahrungen aus dem Ausland weisen awer, dass Offer an Demande spillen, dass bei enger gréisserer Unzuel u Kandidatinnen herno och méi Frae gewielt goufen.

An der Ekonomie solle bis 2019 d'Verwaltungsreiter vun effentlechen Institutione mat mindestens 40% Frae besat ginn, eng Praxis, déi och d'Regierung haut scho bei der Verdeelung vu

fräie Posten uwennt. D'LSAP begréisst et, dass den effentleche Secteur hei mam gudde Beispill virgeet an hofft natierlech, dass och de Privatsektor matzitt.

Eng Quoteregulung, wéi elo an Däitschland, hei am Land anzeféieren, mag weening Sënn erginn. Mir hunn net esou vill grouss Konzern, déi un der Bourse cotéiert sinn. Dat heescht awer net, dass d'Betriber hei komplett aus der Verantwortung gezu ginn. Si gi jo encouragéiert, sech konkret an novollzéibar Objektiv ze fixéieren, fir esou e besseren Équiliber tëschent de Geschlechter an Entscheidungsgremien ze erzielen. An treffend fannen ech hei eng Ausso vum Ranga Yogeshwar, dee sot: „D'Fraequot ass en traurege Beleg fir eis Unfairness. An enger opgeklärter Gesellschaft sollt eist Handele se scho längst iwwerflësseg gemaach hunn.“

Här President, e weidere Punkt, op deem ech well agoen, ass d'Loungerechtkeet, well dat ass fir d'LSAP keen Niewenthema hei am Gesetz. Gerechtegkeet ass en ursozialistescht Uleies. Ëmmer dann, wann e Mann 1 Euro verdéngt, sinn et fir d'Fra 92 Cent, an dat, well d'Fraen am Duerchschnitt 8% manner verdénge wéi d'Männer. Wa Fraen trotz gläicher Aarbecht manner verdénge wéi hir männlech Kolleegen, ass dat net just ongerecht, et ass carrément Onrecht! An do gëllt et, genau dës Loundiskriminéierung ze stoppen. Et muss Schluss si mam Sexismus per Paiziedel! D'Frae verdénge et, 100% ze verdénge!

Natierlech muss mer och unerkennen, dass d'Situatioun sech verbessert huet. An de 50er Jore gouf déi berufflech Leeschtung vu Fraen als eng reduzéiert Leeschtung am Verglach zu enger „Normalleeschtung“ vum Mann gesinn. Eng méi middreg Bezuelung vu Frae gouf domadder begrënn, dass déi eng méi geréng physesche a psychesche Belaaschtbarkeit hätten. Haut awer besteet zum Gléck Konsens, d'Aarbechtsleeschtung vu Fraen a Männer als gläichwäerteg unzërkennen. Sait '74 hu mer e Règlement, dat Fraen a Männer déiselwecht Pai fir déiselwecht Aarbecht zougesteet. An awer hu mer de Problem nach net ganz geléist.

Fir eng Loundiskriminéierung ginn et weder sachlech nach natierlech Grënn. Et ginn awer Faiten, déi ech well benennen. Éischt Tatsaach ass, dass d'Fraen oft a Secteure beschäftegt sinn, wéi eben dem Nettoyage oder dem Commerce, wou insgesamt keng allze héich Paien ausbezuelt ginn. Eng zweet Tatsaach ass, dass déi weeningst op gudde Féierungsposten ze fanne sinn. Eng drëtt Tatsaach ass och, dass oft Fraen an Deelzäit schaffen. An eng aner weider Ursach erkläert sech duerch Ennerbriechungen an hirer Carrière.

Loungerechtkeet ass awer och méi wéi just eng reng monetär Affär. Ongläich Bezuelung huet och eng gesellschaftlech Dimensioun a vermëttelt d'Ausso, dass d'Aarbecht vu Frae letztendlech manner wäert ass wéi déi vu Männer. Dëst steet awer am krasse Géigesaz zum Prinzip vun der Egalitéit. An dofir engagéiere mir eis fir fair Léin, nom Prinzip: gläiche Loun fir gläich Aarbecht. An dofir wëlle mir, dass dës Prinzip an d'Aarbechtsrecht ageschriwwen gëtt.

Nun, garantéiert d'Inscriptioun vun dësem Prinzip an de Code du travail an Zukunft dann automatesch Lounégalitéit? Et ass an éischter Linn eng Stärkung vun de Rechter vun de Salaréien. An deem Prinzip gëtt méi Importenz zugeschriwwen, wann en am Aarbechtsrecht verankert gëtt, an en ass deemno och méi kloer a méi visibel. Automatesch ass eng Garantie awer net ginn. Füllt eng Fra sech benodelegt, muss d'Initiativ, fir eng méi héich Pai anzekloen, vun hir ausgoen. Et ass also un der diskriminéierter Persoun, sech ze mellen. Bis haut huet e Kontrollmechanismus gefeelt. Dat ännert sech awer elo, andeems en agefouert gëtt. An nei ass och, dass de Patron, dee sech net drun hält, mat finanzieller Sanktioun muss rechnen.

Dës Modifikatioun am Code du travail gëtt awer net vun alle Säite begréisst. Déi eng fannen, dass d'berufflech Qualifikatiounen e Lounënnerschied bei darselwechter Aarbechtsplaz rechtfertigen. An aner gesinn hei en Ugrëff op d'Tariffautonomie. Ech well hei betounen, dass dëst Gesetz d'Duerchsetzung vu Loungläicheet regelt, dass d'Léin an Zukunft op Diskriminéierung mussen iwwerpréift ginn. Wéi déi Lounégalitéit hiergestallt gëtt, läit an der Verantwortung vum Patron respektiv vun de Sozialpartner. An do muss een och soen, dass an deene Betriber, wou et e Kollektivvertrag gëtt, sech de Problem praktesch bal net stellt.

Fir op d'Fro zréckzekommen, ob d'Inscriptioun am Aarbechtsrecht elo duergeet, fir Lounégalitéit duerchzusetzen, sief drop higewisen, dass mer eng Kombinatioun aus verschiddenen Aktiounen brauchen. Däers ass sech d'Regierung jo och bewusst an dofir huet si och Modifikatiounen am Programm vun de positiven Aktiounen

virgesinn. D'Zil vun dësem Programm ass, an de Betriber e Bewosstsäin ze schafen, fir domadder d'Ëmsetzung vun der Egalitéit vu Fraen a Männer ze realiséieren.

D'LSAP ass der Iwwerzeegung, dass déi Konditiounen, fir kënnen vun deene finanziellen Hëllef ze profitéieren, duerchaus zomuttbar sinn. D'Betriber si fräi a kënnen selwer decidéieren, wéi si e Kulturwandel an hire Chefetage wëlle virundreiwen a fir eng méi équilibréiert Representatioun vu Fraen a Männer wëlle suergen.

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, dass eng Verbesserung bei der Gläichstellung vu Fra a Mann sech net nëmme positiv op eis Ekonomie, mä op eis ganz Gesellschaft wäert auswirken. Ongerecht Léin kënnen spéider zu ongerechte Pensioune féieren. Dofir suerge mer derfir, dass d'Fraen net aus engem „gender pay gap“ herno an en „gender pension gap“ falen, suerge mer derfir, dass mer déi Ongerechtegkeet behuwe kréien!

Dëst gesot, ginn ech dann och haut den Accord vun der sozialistescher Fraktioun. Mir maachen dat dann haut, wéi een esou schéi seet „gender-balanced“. An ech wëll awer profitéieren, fir dem Rapporteur nach Merci ze soe fir seng Presentatioun a seng Rapporten. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madam Bofferding. An nächsten agedroene Riedner ass den Här Gusty Graas fir d'DP.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt jo oft behaupt, eis Gesellschaft vun haut hätt manner human Aspekter, déi géife manner an de Vierdergrond gestallt ginn. Ech mengen, dat muss een zwar staark relativéieren.

Au contraire, wann ee kuckt, wéi mer eis an deene leschte Jorzéngten entwéckelt hunn, da stellt een do zwar awer eng ganz Rei positiv Fakte fest, besonnesch, wéi gesot, wat eis Breen den hei ubelaangt: D'Minoritéiten hu vill méi Rechter kriit - ech denken zum Beispill un de Mariage pour tous -, d'Zivilrechter si verstärkt ginn, d'Matbestëmmung um politesche Plang ass och verbessert ginn, de Fraen hir Situatioun ass ouni Zweifel - och zu Recht - an deene leschte Jorzéngten zu engem gudden Deel, wéi gesot, méi staark gemaach ginn. Ech denken och hei zum Beispill un den Odfreiwungsberäich. Den Afloss vun der Kierch ass zréckgaangen.

Bref, et kann ee soen: Eis Gesellschaft ass méi fräi ginn, ass méi offe ginn. Eng Rei Tabue si gefall, ënner anerem och den Tabu vun der Chancëgläicheit, dee vill méi intensiv diskutéiert gëtt. Dat war e laange Prozess. Dat ass e Prozess, deem och nach net ganz ofgeschloss ass. Allerdéngs muss een ëmmer erëm betounen, dass dat ee Prozess ass, deem éischter an eise Kulture stattfënn. A villen anere Kulturen ass dat net de Fall. Spéitstens gëschter hu mer dat jo nach eng Kéier diskutéiert. An et si virun allem Fraen, déi op ville Plaze mussen an zum Deel dach onwiederde Konditiounen liewen.

Sécher ass bei eis och net alles perfekt. Sécher mussen nach munch Saachen nogeholl ginn, ech denken effektiv um Niveau vun der Chancëgläicheit. Haut gëtt da versicht, op zwee Niveauen déi Chancëgläicheit nach méi staark hierzustellen. Mir als Demokratesch Partei begrëssen dat ouni Zweifel. Mir sinn allerdéngs der Meinung, dat sollt éischter iwwer e rasonabele Wee geschéien. Mir sinn net der Meinung, dass Ideologien eis hei sollen ze vill guidéieren.

Dat Gesetz hei huet jo zwee Voleten: Dat Éischt ass, fir de Code du travail ëmzënnern, an dat Zweet ass, fir d'Parteiefinanzierungsgesetz ze modifizéieren. Wat elo deen éischte Volet ubelaangt, do gëtt jo elo de Prinzip ageschriwwen, dass Leit, déi déiselwecht Aarbecht maachen, och sollen deeselwechte Loun kréien. U sech ass et näischt direkt Neies. Dat huet jo scho bestanen iwwer de Wee vun engem groussherzogleche Règlement. Dat ass e Prinzip, dee selbstverständlech absolutt net soll a Fro gestallt ginn; mir stinn do och ganz kloer derhannert.

Et stellt een allerdéngs och fest, wann een den Exposé des motifs vun deem Gesetz hei liest, dass glécklecherweis déi Inegalitéit jo awer an deene leschte Joren ofgeholl huet. Mä trotzdem gëtt et nach ab und zu Differenzen. An dat däerf och mat Sécherheet net sinn.

Et muss een allerdéngs och hei realistesch sinn - an et ass och scho virun ugeklongen: Natierlech gëtt et och Stëmmen, déi dat méi kritesch gesinn, besonnesch aus dem Patronatsberäich. An duerfir muss een och Verständnis opbréngen. Et muss ee wëssen, wann een dee Prinzip géif iwwerstrapazéieren, dass dat awer och kéint zu gewësse Problemer féieren.

Ech weisen hei zum Beispill op den Avis vun der Chambre de Commerce hin, déi Folgendes geschriwwen huet: «les critères en vue de dé-

terminer des travaux de valeur égale se concentrent à tort sur le poste de travail en lui-même et les qualités qu'il requiert en faisant fi des propres qualités du salarié (...) alors que celles-ci peuvent justifier une différenciation salariale sur un même poste de travail». Duerfir, wéi gesot, nach eng Kéier: Ech mengen, de Prinzip - jo! - soll absolutt net a Fro gestallt ginn. Mä et muss awer och nach deem eenzelne Patron d'Méiglechkeet gelooss ginn, wa Leit wierklech eng gewësse Leeschtung bréngen, dass dat awer och kann honoréiert ginn.

Positiv gesi mer jiddefalls an dësem Gesetz och, dass elo, wann een eng Persoun astellt an engem Betrib, déi zu engem ënnerrepräsentéierte Geschlecht gehéiert, déi Demande, fir déi Aide ze kréien, net méi muss iwwert de Chancëgläicheitsministère transitéieren, mä direkt un den Aarbechtsminister gericht gëtt. Dat ass fir eis net nëmme eng Simplification administrative, dat ass eng Noutwendegkeet! Et kann ee sech och d'Fro stellen, firwat dass iwwerhaupt bis haut dat huet missen iwwer zwou Plaze goen.

Wat d'Actions positives ubelaangt, och hei komme jo eng Rei Modifikatiounen; do kommen zwee nei Kritären derbäi. Dat bréngt natierlech eng zousätzlech administrativ Aarbecht fir déi betraffe Betriber mat sech. Ech wëll awer direkt hei ënnersträichen, dass jo awer d'Betriber dat um Niveau vun der Fakultativitéit maachen, dat heescht, si sinn net obligéiert, an Zukunft un esou Programmer deelzehuelen. Mir bleiwen och der Meinung, dass dat net obligatoresch soll ginn. Wann natierlech e Betrib gär den Agrément hätt, fir dee Plang vun Actions positives ze maachen, dann ass et och eng Selbstverständlechkeet, dass e sech och u gewësse Contrainten muss halen. Wéi gesot, de Betrib soll awer nach wie vor dann d'Fakultéit hunn, selwer ze decidéieren, wat en do mécht.

Datt och elo muss matgedeelt ginn, wéi de Verwaltungsrôt respektiv d'Direktioun ausgesäit, och dat kann een novollzéien. Ech wëll och hei op eng EU-Etüd hiweisen, déi virun e puer Joer gemaach ginn ass, wou ganz kloer erauskomm ass, dass zum Beispill nëmme 11% vun den Entrepreneuren an den Hänn vu Frae sinn an dass an den Direktiounsetagen och nëmme 12% Frae sëtzen. Och dat ass eng gewëssen Inegalitéit, déi ze bedauern ass a wou soll en Effort gemaach ginn, fir dass een dat och kann aus der Welt raumen.

Ech wëll allerdéngs eng allgemeng Remarque maachen, wat d'Occupatioun vu Föntiounen a vu Posten an eiser Gesellschaft ubelaangt vu Mann a Fra. Munchmol gëtt jo monéiert, gëtt bedauert, dass an eenzelne Secteuren ze vill Fraen engagéiert si respektiv ze vill Männer. Ech denken zum Beispill un de Secteur Santé oder och u sozial Beruffer. Do, wou d'Frae majoritär ugestallt sinn, gëtt dat zum Deel duergestallt, wéi wann dat negativ wär. Ech mengen, dass soll een awer trotzdem als manner problematesch duerstellen.

Eng Fra, déi e Beruff wíelt, fir an dee Secteur schaffen ze goen, huet hir Ursach duerfir gehat. An de Stat soll och do net ze vill anenken, soll och net ze vill d'Direktioun virschreiwen, wéi u sech d'Beruffer herno solle besat ginn. Dat Wichtigst ass, dass ee sech mat sengem Beruff identifiziéiere kann. A wat och ganz wichteg ass, dat ass, dass een de Respekt bréngt vis-à-vis vun deem Beruff, deem een ausübt. An ob eng Fra, wéi gesot, vläicht d'Décsioun geholl huet, fir doheem dem Beruff vun der Hausfra nozegoen oder ob se e Beruff ausserhalb dem Haus mécht, dass soll och zweetrange sinn. Och dat soll d'Décsioun vun der einzelner Persoun sinn an och dat soll an eiser Gesellschaft respektéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 1892 war Neuseeland dat éischt Land, wat u sech dat aktiv an dat passiv Wahlrecht fir d'Fraen agefouert huet. Zu deem Zäitpunkt huet een hei zu Lëtzebuerg nach misse 15 Frang Zensus bezuelen, fir iwwerhaupt kënnen u Wahlen deelzehuelen.

Bei eis huet et gedauert bis d'Joer 1919. Dat war e Schlësseljoer. Dunn hu mer de Suffrage universel agefouert mam Resultat, dass och d'Fraen dat aktiv an dat passiv Wahlrecht kruten. Dat war och richtig esou. D'Frae goufen dann endlech och emol mündeg, wat politesch Froen ubelaangt.

Allerdéngs fënn een, deem e bëssen d'Debatte vun där Zäit verfolgegt, ganz schnell eraus, dass dat awer eng Décsioun war, déi mat Sécherheet vill méi haart Diskussiounen provoziert huet, wéi mir der haut hei wäerte féieren. An zwar gouf do vu gewësser Säit zum Beispill higewisen op déi sougenannten „Hirnvolumentheorie“. Do ass gesot ginn, dass d'Fraen net fäeg genuch wäeren, genausou logesch ze denke wéi d'Männer, mam Resultat, dass am Fong geholl do awer eng Rei Leit gemengt hunn, d'Frae wäeren nach net apte fir politesch kënnen matzestëmmen.



An da wëll ech och en Zitat hei vum Georges Clemenceau zitieren, deen zur selwechter Zäit Folgendes gesot huet: «Il est d'évidence pour tout homme de bon sens qu'après avoir eu tant de peine de nous soustraire à la domination de l'Église, quand nous sentons encoure si lourdement peser sur nous la menace d'un retour offensif du cléricisme romain, livrer le sort du gouvernement au suffrage de femmes tout imprégnées de sacristie» - an elo kënnt et am allerschlemmsten - «c'est assurer le retour pur et simple de la France au Moyen Âge.»

Gott sei Dank sinn déi do Zäite laang eriwwer. Mä firwat soen ech déi historesch Eckdaten hei? Ma fir nëmmen ze kucken, wat fir eng Evolutioun - positiv Evolutioun - datt mer awer du gemaach hunn.

Et dierf een awer och net vergiessen, datt dat déizäit och politesch Ursachen hat, firwat datt d'aktivt an d'passivt Wahlrecht agefouert ginn ass: well virun allem d' Rietspartei jo wousst, datt déi meescht Fraen eng konservativ Astellung hätten. Deemools war d' Familjebild ganz kloer: D'Fra huet missen doheem bleiwen, huet sech ëm de Stot misse bekëmmere, huet sech missen ëm d'Erzëiung vun de Kanner bekëmmere, iwwregens e Familjebild, wat deemools ganz staark vun der Kierch ënnerstëtzt ginn ass. An dowéinst war och virun allem d' Rietspartei en faveur vun dem passiven an aktive Wahlrecht fir eis Fraen.

Zu wat huet dat gefouert? Mä am Joer 1919, méi genee de 26. Oktober, ware Wahlen an du gouf och déi éischt Fra hei an d'Chamber gewielt. Dat war d'Madamm Marguerite Thomas-Clement. Si war 1886 gebuer, war deemools Léierin, an et muss ee wëssen, datt dat scho bal no un engem Skandal war, wann een déizäit als Léierin bestuet war. D'Madamm Thomas, déi kann ee roueg hei praktesch als déi éischt politesch Fraerechtlerin qualifizéieren. Si hat souguer déi staark Perséinlechkeet, fir bei der Vereedegung op den Zousaz ze verzichten „ainsi que Dieu me vienne en aide“. Dir kënnt lech also virstellen, wat dat fir e Brouhaha deemools gi war. Si huet sech och immens fir Fraerechtler agesat, war an der Chamber bis 1931, an dunn hate mer keng Fra méi hei sëtze bis 1965.

Haut solle mer also elo en zousätzlechen...

(Interruptions diverses)

Dat war eng Madamm, Här Spautz, déi mol Är Gemeng och gefouert huet, an dat soll een och neidlos hei unerkennen: Dat war d'Madamm Astrid Lulling,...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Gusty Graas (DP).** - ...déi ënner anerem och an Ärer Partei war.

► **Une voix.** - Ënner anerem!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Ënner anerem, betounen ech, jo!

(Brouhaha général)

► **Une voix.** - Dir wollt se jo net!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Bon! Doriwwer schwätze mer herno.

(Hilarité générale)

Haut soll, wéi gesot, dann nach en zousätzleche wichtege Schrott gemaach ginn an der Unerkennung vun de Fraen um Niveau vun der Politik. D'Diskussioun iwwert d'Quoten, déi mer haut féieren, dat ass keng nei Diskussioun! Wann ech hei Eenzelner schonn héieren hunn, da mengen déi, d'Revolutioun géif haut hei ausbriechen, well mer elo iwwert d'Quoten hei diskutéieren!

Ech weess, datt et déi eng oder déi aner Partei heibanne gëtt, mir ass bekannt: mindestens zwou; ech mengen, déi aner, déi haten et net esou richtig gepackt, fir Quoten an hir Statuten anzusetzen. Jo, dat ass deenen hiert gutt Recht!

Ech si just e bësse verwonnert iwwer meng CSV-Virriednerin hei. Déi schéngt den Text net richtig gelies ze hunn! Well ech sti ganz kloer derzou: Natierlech huet d'DP an hire Statuten dat net stoe vun de Quoten! An ech mengen, wann ech op meng Kolleeginnen a Kolleegen dorower kucken, kann ech dat och fräi a frank soen: Den Dag wäert kaum kommen, wou d'Demokratesch Partei wäert hir Statuten an deem Sënn emänneren!

(Brouhaha)

Dat ass net an eisem Sënn. Dat ass net an eiser Ideologie.

(Brouhaha)

Mä fir do awer e Lien hierstellen zwëschen dësem Gesetz a parteiinterne Statuten, do muss een awer schonn trotzdeem - Madamm Andrich, Dir sidd mer jo soss ganz sympathesch -, mä do muss een awer trotzdeem scho vill Imaginatioun hunn, au moins...

► **Plusieurs voix.** - Oh!

(Brouhaha général et hilarité)

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gusty Graas (DP).** - ...au moins, datt Der d'Gesetz net richtig gelies hutt. Well mir ass jiddefalls näischt esou opgefall am Gesetz!

(Hilarité)

Jiddefalls, eppes ass ganz kloer fir eis als Demokratesch Partei, dat ass, datt mir dat net wäerte maachen, fir intern Statuten (veuillez lire: intern Quoten an eis Statuten) anzeféieren.

An ech wëll mech och hei beruffen zum Beispill op d'Jeunesse démocrate et libérale, déi ass och schonn hei genannt ginn, dat ass eis Jugendorganisatioun, déi hu sech effektiv géint d'Aféierung vu Quoten ausgeschwat. A wësst Der, wien do de ferventste Géigner dervu war? Ma dat war eist weiblecht Geschlecht an der Jugendorganisatioun. Och dat seet also eppes aus.

Da wëll ech awer och emol e bësse Statistik maachen, wat d'DP ubelaangt.

► **Plusieurs voix.** - Ah!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Lauschttert elo emol gutt no! Lauschttert emol gutt no! Mir hate bis elo dräi Presidentinnen: d'Colette Flesch, d'Lydie Polfer an haut d'Corinne Cahen.

Mir hunn de Moment sechs exzellent Deputéiert aus dem Zentrum hei sëtzen. Dann zielt emol! Dovunner si véier Dammen. An da kënnt et: 2005...

► **Une voix.** - E Glécksfall!

(Brouhaha)

► **M. Gusty Graas (DP).** - 2005...

► **Une voix.** - Lauschttert no!

► **M. Gusty Graas (DP).** - 2005... Lauschttert emol no! 2005 hat d'Demokratesch Partei hei an der Stad bei de Gemengewahlen 11 Sätz kritt! Dovunner dreemen der vill heibannen.

(Hilarité)

A vun deenen 11 Sätz waren 8 Dammen. Aacht!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Wat hutt Dir eng Chance!

► **M. Gusty Graas (DP).** - An dat ouni Quot! Mir hätten héchstens missen eng Quot aféieren, datt net esou vill Dammen dierfte gewielt ginn.

(Interruption par Mme Nancy Arendt)

Ech wëll just soen, dat beweist ganz kloer, datt mir eng Partei sinn, déi de Fraen all Méiglechkeeten zur politescher Entwécklung zouléisst, an datt d'Fraen och kënnen innerhalb der DP réusséieren. D'Statistik,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Gusty Graas (DP).** - ...wéi gesot, beweist dat ganz kloer.

(Brouhaha général)

Ech wëll domadder awer och ganz dättelech hei ënnersträichen,...

(Brouhaha général)

Ech wëll awer domadder och ganz dättelech hei ënnersträichen, datt et evident ass, datt Efforte muss gemaach ginn, fir datt d'Fraen nach verstärkt um politesche Prozess sollen deelhuelen.

Et ass ze bedauern - dat ass richtig! -, net nëmmen hei, och an de Gemengerëit, an de Schafferëit feelt et oft u Fraen. An et ass ganz kloer, wann d'Fraen an der Politik géife feelen, da wär d'Politik u sech nach vill méi eesäiteg. An och dat soll ganz dättelech an éierlech hei gesot ginn. Fraen hu vläicht oft méi eng positiv Sensibilitéit, fir Décisiounen ze huelen. An dowéinst ass et evident, datt och mir wäerten e Maximum un Efforte maachen an och ënnerstëtzen, fir, wéi gesot, zousätzlech Fraen um politesche Liewen deelhuelen ze loosse.

Ech wëll dann och op eng Etüd nach ze schwätze kommen aus dem Joer 2008. Déi hat d'Europäesch Parlament gemaach. Do ass et och ëm Quote gaangen. An aus Paritéitsgrënn wëll ech elo véier Haaptargumenter derfir zitieren a véier Haaptargumenter dergéint. Wéi gesot, déi kommen aus der Etüd.

Déi dergéint - fänke mer mat deenen un! -: Et gëtt zum Beispill ënner anerem gesot, bei der politescher Representatioun géif et virranged ëm d'Verriedung vun Iddien an Interesse goen, also net ëm d'Representatioun vu Geschlechter oder soziale Gruppen.

En zweet Argument, wat dergéintschwätzt, fir Quoten anzeféieren: D'politesch Representatioun ass eng Fro vu Kompetenz.

Drëttens: Quote sinn ondemokratesch; well de Wieler d'lescht Wuert huet, soll hien am Fong geholl décidéieren, wien hie vertritt.

Véiertens: Vill Frae wëllen net gewielt ginn, just well se eng Fra sinn. De Verdacht gëtt méi grouss, eng Fra, wa se e Mandat kritt huet, wär just gewielt ginn, well se ebe weiblech ass.

Dann, wéi gesot, fir objektiv ze bleiwen, awer och véier Argumenter, déi derfirschwätzen. Ech zitëiere wéi gesot aus der Etüd.

Quote si keng Diskriminéierung géint eenzel Männer. Si schränke just d'Tendenz vun de Parteien an, nëmme Männer ze nominéieren.

Frae si genausou qualifizéiert wéi Männer, awer hir Fäegkeete ginn oft vun engem vu Männer dominiéierte System minimiséiert.

D'Abzéiung vu Fraen dréit zum Demokratisierungsprozess bäi.

Véiertens: Politesch Gremie sollen déi gréisste sozial Gruppe vun der Gesellschaft duerstellen, ëmsou méi d'Gesellschaft zu der Halschecht aus Frae besteet.

Do gesäit een also, wéi d'Aféierung vu Quoten hei kontrovers diskutéiert gëtt. An eppes, ech mengen, bei aller Sachlechkeet, muss een awer hei ënnersträichen: Keen - keen! - soll fir sech hei elo awer d'Recht eraushuelen a mengen, Jo zu Quote wär déi eenzeg Léisung, an Nee zu Quote wär och déi eenzeg Léisung.

Et dierf een dann och net vergiessen, datt d'Aféierung vu Quoten natierlech och negativ Konsequenze fir de parteiinterne Fonctionnement ka matbréngen. Ech soen „kann“! Well awer d'Gefor zum Deel och besteet, datt eben deen een oder deen anere Kandidat muss zréckstoen, ebe bedéngt duerch d'Quoten. Dat kann also, wéi gesot, och zu Spannunge féieren.

Datt an dësem Projet elo d'Quot bemiss gëtt op dem Total vun de Kandidaten - also ech schwätzen elo emol da vun de Chamberswahlen -, datt déi véier Bezierker global gesi ginn, doriwwer kann een diskutéieren. Ech mengen awer, datt dat zu dësem Zäitpunkt net onbedéngt eng schlecht Décisioun ass.

Sécher, an och dat soll hei ënnerstrach ginn, et besteet keng direkt Obligatioun fir eng Partei, fir Quoten anzeféieren. Allerdéngs och do solle mer eis kengen Illusiounen higinn: Et entsteet e gewëssenen Drock. An dee wäert natierlech ënnert de Parteien dann och vergréissert, verstärkt ginn, fir dat awer och ze respektéieren. Natierlech, wéi gesot, datt dat awer och mat engem finanziellen Ausfall verbonnen ass, wäert och dann awer zu gewëssene Konsequenze féieren.

Et gëtt jo gäre behaupt, datt d'Aféierung vun de Quoten och d'Konsequenz wär vun de sougenannte Parteistrukturen, well d'Fraen do net oft genuch Fräiraum hätten, sech ze entwéckelen, well d'Dominanz vun de Männer ze grouss wär.

Ech wëll do dann awer och emol eng Kéier eng Statistik hei virbréngen. An zwar geet et hei ëm d'Gemengewahlen, d'Majorzgemenge vun 2011, wou jo am Prinzip keng Lëschten, keng Parteie matspillen - mat ganz weínegen Ausnahmen. Do hate mer 857 Kandidaten. Dovunner ware just 167 Fraen. Dat waren 19,49%. A kenger Gemeng - a kenger Gemeng! - ware méi wéi 50% weiblech Kandidaten. A just zwou Gemengen, dat ware Biwer a Bous, goufen et genau 40% Fraen, déi also theoretesch dann elo schonn d'Quot erfëllt hätten, déi mer dann haut décidéieren. An zwou Gemengen, dat waren Noumer a Wal, ass keng eenzeg Fra ugetrueden. An 13 Gemenge ware just 10% oder souguer manner Fraen.

Déi Zuele soen also eppes aus. Dat soll och elo guer net polemesch hei wierken. Mä déi Zuelen ënnersträichen, datt also dat Argument, fir an éischer Linn d'Parteien duerstellen, wéi wa si schold wäeren, datt d'Fraen net genuch Entfaltungsméiglechkeeten hätten, dat gëtt also och duerch déi heite Statistik zum Deel widderluecht.

An da wëll ech awer eppes ganz éierlech an dättelech hei soen:

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ja?

► **M. Gusty Graas (DP).** - Den 8. Oktober...

(Hilarité)

Dir sidd net méi concernéiert, Här Gibéryen! D'nächst Joer si Gemengewahlen. Dir sidd nach concernéiert als Wieler. A moins, datt Der erëm matgitt? Et kéint jo emol sinn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Wie weess!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Wie weess! Wie weess! Mä ditt Ärer Gemeng dat net un!

(Hilarité générale)

Mä loosse mer awer elo och emol ganz éierlech sinn! Ech mengen,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Vu mengem Resultat, dat ech hat an der Gemeng, kënnt Dir nëmmen dreemen zu Beetebuerger!

(Hilarité)

► **M. Gusty Graas (DP).** - D'Fro stellt sech, ob net Schaffen an engem gréisseren Gemeng awer mindestens esou gutt ass wéi Buergermeeschter a méi engem klenger Gemeng. Mä...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Bon!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, elo komme mer erëm op eise Projet zréck!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - De männlechen Éiergäiz!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Graas, loosst lech net provozéieren!

► **M. Gusty Graas (DP).** - Neen, neen, neen, do muss nach vill méi passéieren.

Den 8. Oktober d'nächst Joer si Gemengewahlen. Et sinn eng ganz Rei Kolleeginnen a Kolleegen heibannen, déi do implizéiert sinn, déi och elo schonn éischt Efforte maachen, fir Lëschten zesummenzesetzen. A loosse mer do emol ganz éierlech sinn! Mat Ausnam vläicht vun de Kolleegen vun der CSV wäerte sämtlech Parteien, an ech soen et ganz éierlech och fir meng Partei, Problemer kréien, a sämtlechen, sämtleche Proporzgemengen eng voll Lëscht zesummenzekréien. Deen, deen eng voll Lëscht a sämtleche Proporzgemengen zesummekritt, dee soll hei de Fanger ausstrecken! Also, dat ass emol dat Éischt.

Wa mer also an engem zweeter Phas géifen och elo vläicht dat ausdeen op d'Gemengeléschten, da soen ech awer ganz éierlech, da musse mer awer virsiichteg sinn, well mir hu scho Problemer, fir Lëschten zesummenzekréien. Wa mer dann och nach eis selwer gewësse Fesselen uleeën, da brauche mer eis awer och net ze wonneren, datt et nach méi schwéier gëtt. An ech soen dat an aller Dättelechkeet hei, well ech selwer och implizéiert sinn! Mir ass dat egal, wa bei deene 15 Kandidaten 7 oder 9 oder 13 vun engem Sexe sinn. Ech hätt och léiwer, et wär eng Proportioun do, mä loosst mer ganz éierlech sinn: Mir wëssen, datt et immens schwéier gëtt, fir ëmmer méi Leit ze begeeschten, fir aktiv Politik ze maachen, a besonnesch um Gemengeplang. An all déi Kolleegen a Kolleeginnen, an et sinn der jo genuch heibannen, déi kënnen mer do mat Sécherheet net onrecht ginn.

Dowéinst, wéi gesot, an ech kann och do am Numm vu menger Partei schwätzen, si mir op alle Fall nach vill méi retizent, soudatt mer net och elo nach um kommunalen Niveau dat wëllen an engem spéiderer Phas aféieren, well ech weess, datt jo Eenzelner heibanne mat där Iddi ronderëmginn. Et ass hiert gutt Recht. Mä ech gleewe kaum, datt eng Demokratesch Partei eng Kéier wäert bereet sinn, och do d'Ennerstëtzung ze ginn.

Wat jiddefalls ënnert dem Stréch kloer ass, ech mengen, dat ass och aus där Interventioun hei erauskomm, ass, datt mir als DP versichen, e Maximum ze maachen, fir datt mer méi Fraen derzou animéiert kréien, fir um politesche Plang aktiv ze ginn. Natierlech geet et net nëmmen duer, iwwert deen heite Wee déi Ziler ze erreechen, mir mussen och de gesamte Kader verbessern. D'Frae muss méi Méiglechkeete kréien, och hir Fräizäit fir d'Politik hierzeginn. Mir wëssen, datt, an dat ass nach ëmmer eng Tatsaach, vill Fraen awer méi ënnert der Duebelbelaschtung leide wéi vläicht Männer.

Duerfir ass zum Beispill elo déi Modifikatioun vun dem Congé parental an déi richtig Richtung gaangen. Hei kann een nach méi eng Opdeelung maachen zwëschen deenen Obligationen, déi een um Niveau vun der Familjeliewen huet, wat och géif da méi Fräiraum fir d'Fraen zum Beispill zur Verfügung stellen. Dowéinst huet d'Regierung och do eng gutt Décisioun geholl.

Ech gi ganz éierlech zou hei, datt d'Demokratesch Partei vun deenen dräi Koalitionspartner, wat de Vott vun deem Gesetz hei ubelaangt, déi mannsten Euphorie wäert verspreën. Mir sinn awer do ganz éierlech a mir bleiwen an eiser Linn. An ech soen dat och an aller Kloeerheet, an aller Dättelechkeet hei: Jo, d'DP huet ëmmer erëm gewësse Reserven ugemellt, wat d'Aféierung vu Quoten ubelaangt. Jo, d'DP wäert mat Sécherheet an hire Statute keng Modifikatioun virhuelen. Wat allerdéngs net ausschléisst, datt d'DP sech selbstverständlech zu där ganzer Problematik hei Gedanke gemaach huet, wat eis am Fong geholl och derzou verleet, fir dat hei ze ënnerstëtzen, och wa mir dat vläicht net am fënnefte Gang maachen. Dat ass virun allem awer och, datt et zu dësem Zäitpunkt eng Méiglechkeet gëtt, awer eng Verbesserung unzestriewen.



An ech verweisen och virun allem op den Artikel 3 vum Gesetz, wou jo kloer drasteet, datt awer och eng kéier soll e Bilan gemaach ginn. An dat ass fir eis ausschlaggebend, an da soen ech awer ganz éierlech, da muss en eeschte Bilan gemaach ginn, well d'Hoffnung besteet jo, datt vläicht eng kéier déi gesetzlech Quoten iwwerflësseg ginn.

Dat ass am Fong geholl och, firwat datt et fir eis zu dësem Zäitpunkt méiglech ass, dat Gesetz hei matzedroen. Mir stinn derhannert, net nëmmen, well mer dee Koalitiounsaccord matgedroen hunn, well mer zu dësem Zäitpunkt et als eng vun deenen eenzegene Alternative gesinn hunn. Et gëtt nach aner Optiounen. Mä, wéi gesot, nach eng kéier, mir mussen awer dann no e puer Joer eng kéier e richteg Bilan maachen an dann och bereet sinn, vläicht gewëssen Adaptatiounen virzehuelen.

An deem Sënn, wéi gesot, e leschte Saz nach: Et geet net nëmmen duer, datt mer légiféieren, mä mir mussen dobaussen och nach vill méi Opklärungsarbecht maachen. Ech wëll och hei déi Initiativ ernimmen, déi de Ministère mam Syvicol gemaach huet, zum Beispill, fir erauszegoen, fir mat de Fraen ze diskutéieren, fir de Fraen d'Angscht ze huelen, Politik ze maachen. Net nëmmen de Fraen; et gëtt och Männer, déi Angscht hunn, fir Politik ze maachen. An dorobber solle mer och an Zukunft nach vill méi opbauen.

An deem Sënn, wéi gesot, gëtt d'DP d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz. An ech profitéieren awer och nach vun der Geleeënheet, fir dem Marc Angel Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Dat war e laange Saz!

(*Hilarité*)

An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Josée Lorsché fir déi gréng.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Artikel 11 vun eiser Constitutioun steet Folgendes: «Les femmes et les hommes sont égaux en droits et en devoirs. L'État veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre femmes et hommes.»

Äänlech Artikel stinn och an der Fraerechtskonvention vun de Vereenten Natiounen aus dem Joer 1979, an der Deklaratioun vu Peking, och vun de Vereenten Natiounen, aus dem Joer 1995, am europäeschen Traité vun Amsterdam aus dem Joer 1997 an, net ze vergiessen, am Rapport vun der Constitiounskommissioun vum Europäesche Parlament aus dem Joer 2013, déi d'Memberstaten an déi politesch Parteien dozou opgefuerdert huet, fir eng besser Verriedung vun de Fraen op de Kandidatëlëschten ze suergen.

Kuerz gesot verlaangen dës Texter also alleguer datselwecht, an zwar, datt de Stat aktiv géint all Hindernis virgeet, wat der Gläichheet tëscht de Fraen an de Männer am Wee steet. A ganz genee dat do ass d'Zil vun dësem Projet de loi.

Ech fänken u mat deem méi ëmstriddenen Deel, deem d'Afféierung vun enger Quot vu 40% fir dat ënnerrepresentéiert Geschlecht op den nationale Wahllëschte virgesäit. Domat geet Lëtzebuerg op deeselwechte Wee wéi 54 aner Länner, déi scho méi laang gesetzlech festgeluechte Quoten hunn, nieft 23 anere Länner, an deenen et am Parlament reservéiert Plaze fir d'Frae gëtt.

Et kann een also net behapten, datt Lëtzebuerg an dëser Fro Virreider ass. Mä mir sinn awer frou, datt mir net op der Plaz stoe bleiven.

Och wa mir als Gréng zanter Jorzéngte scho méi wäit gi wéi dëst Gesetz a carrément op all eise Lëschten fir all Wahlen op paritéitesch Lëschte setzen, kënn Dir lech awer virstellen, datt mir mat dësem Projet de loi voll a ganz averstane sinn. Ëmmerhi gëtt domat e Grondprinzip an eng laangjäreg Fuerderung vun deene Grénge gesetzlech verankert.

A mir begrëssen och, Madamm Minister, datt Dir de Courage hat, dat waarmt Eise vun de Quote konsequent unzepaken an op ville Plazen ëmmer erëm drop higewisen hutt, wéi wichteg se sinn.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Schonn alleng déi kllassesch Argumentatioun, datt Quote kee Sënn maachen, well d'Kompetenz zielt an net d'Geschlecht, weist, wéi wich-

teg dëse Projet de loi ass. E bitt näamlech eng gutt Geleeënheet, fir d'Fro vun der Kompetenz och dann ze stellen, wann et ëm d'Männer geet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Virun allem bitt dëse Projet de loi awer d'Geleeënheet, sech iwwerhaupt emol eeschthaf mat der Fro ze beschäftegen, ob d'Kompetenz wierklech ëmmer den entscheidende Kritär ass, fir eng Lëscht ze besetzen, a wat dat Wuert Kompetenz iwwerhaupt bedeit.

Heescht et éieren, datt een e besonnenen Diplom an der Täsche muss hunn? Oder heescht et, datt een d'Politik an d'Wéi geluecht kritt huet, well d'Virfahre scho Politiker waren? Heescht et, datt ee selbstbewusst optriede kann a schlagferteg ass? Datt ee séier an Dosieren eraklamme kann a séier kappéiert? Oder heescht et, datt een eng grouss Berufserfahrung matbréngt, eng grouss Allgemengbildung an e staarkt Interesse u politeschen Themen? Oder heescht Kompetenz net einfach, datt ee bereet ass, Verantwortung ze iwwerhuelen, datt een Ausdauer bewiese kann a léierfäeg ass?

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Léif Kolleginnen a Kollegen, mir sinn eis eens: Kompetenz ass weder nëmmen dat eent nach nëmmen dat anert. Kompetenz ass eng Mëschung vu ganz verschidde Qualitéiten. An déi Qualitéiten deele sech gläichermoossen op d'Männer an op d'Fraen op.

An et si grad dës Qualitéiten, Dir Dammen an Dir Hären, déi de mënschleche Räichtum an d'Diversitéit vun eiser Gesellschaft ausmaachen. An duerfir gi se och an der Politik gebraucht.

An deem Sënn ass dat kllassesch Argument, datt d'Kompetenz zielt an net d'Geschlecht, vill ze vill ondifferenziéiert. Et ass eigentlech e bequeme Virwand, fir sech guer net mat deem Begrëff auserneezenesetzen, oder vläicht och, fir just u seng eege Kompetenz ze denken.

En anert Argument, wat och oft benotzt gëtt, fir verbindlech Quote schlechtzerieden, ass dat, datt dës Regelung ze vill diktatoresch ass an d'Fräiheet vun de Parteien ze vill aschränkt. An där Logik wier et méi demokratesch - et ass gesot ginn -, op d'Fräiwëllegkeet vun de Parteien ze setzen an hinnen dann zouzegestoen, eng intern Quoteregulierung anzeféieren. Also näischt anescht wéi dat, wat mer souwisou schonn hunn, dëst wa méiglech awer nach verbonne mat engem finanzieller Boni fir déi Parteien, déi eng Mindestquot respektéieren, esou wéi d'Sylvie Andrich vun der CSV sech dat hei gewënscht huet.

Als Gréng gesi mir dat anescht. Éischtens ass et net am Sënn vun der Regierung, déi staatlech Zouschëss fir d'Parteien ze erhéijen - well dat géif et jo da bedeuten -, wann op där anerer Säit iwwerall vu spuerer geschwat gëtt. Zweetens gesi mir och net an, firwat ee soll belount ginn, wann ee sech u kloer definéiert gesetzlech Virgaben hält. An där Logik misst ee jo dann och belount ginn, wann ee bei engem Stoppschëld stoe bleift.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Mam Pacte Logement kann een dat net vergläichen, well de Wuesstum vun de Gemengen net un Zuelen an u gesetzlech Virgabe gebonnen ass. Och do geet et just, wéi d'Gemenge sech et virstellen.

Fir eis gëtt et also just eng Optioun, an déi nennt sech Gesetz, an zwar en normaalt Gesetz, wat grad wéi aner Gesetz Sanktiounen virgesäit, wann ee sech net drun hält. Firwat? Well d'Geschicht vun der Fraebewegung längst bewisen huet, datt et ouni Gesetz net geet. Dat ass net nëmmen d'Erfahrung aus de leschte Jorzéngten, dat ass d'Erfahrung aus dem leschte Jorhonnert, wou kee Wee laanscht e Gesetz gefouert huet, fir an der Fro vun der Gläichberechtigung vum Fleck ze kommen.

Just e puer Beispiller:

- Dat war esou bei der gesetzlecher Afféierung vum Recht vun de Fraen op Bildung am Joer 1911.

- Dat war och esou bei der Afféierung vum Suffrage universel a vum Wahlrecht vun de Fraen, wou den Här Graas schonn drop agaangen ass. Och dat Recht ass net just mat guddem Willen zustane komm, mä duerch zwou Verfassungsännerungen, déi nach iwwert dem Gesetz stinn.

Interessant ass an deem Kontext, wéi scho gesot, datt d'Wahlrecht vun de Fraen an der Chamber just mat 39 Jo-Stëmme géint 11 Nee-Stëmme an enger Enthaltung duerchgesat ginn ass. Och schonn deemools huet d'Recht

op Gläichberechtigung also net jiddwereen iwwerzeegt.

Domat war et awer net gedoen, well weider Gesetzter néideg waren, fir d'Fraen am Joer 1927 bei Zivillstands- an Notairesakten als Zeien unzëerkennen a fir déi zivilrechtlech Gläichstellung vu Fraen a Männer 1972 am Bestietnis anzeféieren, respektiv gläich Rechter bei der Scheedung ze kréien; dat war am Joer 1974. An och domat war nach net all Problem geléist.

Donieft huet 1968 och d'Coéducation vu Fraen a Männer am Enseignement misse gesetzlech geregelt ginn, fir de Fraen endlech déiselwecht Bildungschancen ze ginn. An net zu lescht huet am Joer 1981 och nees e Gesetz misse geschafe ginn, fir de Fraen dee gläichberechtigten Zougang zu de Beruffer ze erméiglechen.

Mat Fräiwëllegkeet a mat engem Bonbon wieren all dës Fortschrëtt net zustane komm!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Mir sinn der Meinung, datt et net anescht ass beim gläichberechtigten Zougang zu de Wahllëschten, déi ëmmerhin d'Basis duerstelle vun eise Wahlssystem an e wichtegt Element si vun eiser Demokratie. Och do ass e Gesetz dat eenzegt wierksam Instrument, fir gerecht Zoustänn ze schafen.

Gewëss, d'Quot ass keen Allheilmittel an et ass och net „der Weisheit letzter Schluss“. Si mécht awer Schluss mat engem Zoustand, deen net am Aklang steet mat eiser Konstitution. An deem Sënn huet den Heribert Prantl, Chefredakter fir Bannepolitik vun der „Süddeutsche Zeitung“, d'Quote mat Äermercher verglach, déi eng Gesellschaft brauch, fir um Niveau vun der Gläichberechtigung schwammen ze léieren.

Dat heescht, d'Quote sinn net d'Zil, mä d'Quote sinn de Wee. Aus all deene Grënn, mä och weinst deene positiven Erfahrungen, déi déi gréng scho gemaach hunn, schwätzt fir eis näischt géint d'Afféierung vu Quoten - och bei de Gemengewahlen, natierlech an enger zweeter Etau a mat engem neie Gesetz. Fir déi gréng Partei ass d'Gläichberechtigung näamlech e Prinzip an net eng Ausnam.

Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Politikverdrossenheet sech ëmmer méi breet mécht an datt et aus ville Grënn net einfach ass, Lëschten ze besetzen, sou wéi den Här Graas et beschriwwen huet virdrun, streide mir bestëmmt net of. Mir streiden awer of, datt et méi schwéier ass, Frae fir eng Kandidatur ze motivéieren wéi Männer. A mir streiden of, datt d'Frae musse forcéiert ginn, fir eng Lëscht ze besetzen. Eng Briecheaang hu mir nach ni benotzt a si gëtt och net gebraucht. Dat ass ganz einfach e Mäerchen an e ganz bequemt Argument, fir d'Quote lächerlech ze maachen.

Natierlech stellt d'Conciliatioun vu Famill, Beruff a politeschem Engagement besonnenesch fir d'Fraen e groussen Défi duer, deen net einfach ze meeschteren ass. Dat erliewe mer all. Et steet awer fest, datt d'Fraen deen Défi, fir an d'Politik anzetrieden, ëmsou besser meeschteren, wat d'Männer méi Verantwortung fir d'Famill iwwerhuelen.

Eng net onwesentlech Roll spille bei der Opstellung vun de Lëschten awer och d'Hierarchien innerhalb vun de Parteien, grad wéi d'Parteileedungen, déi entweder bereet sinn, déi traditionell Rollebiller opzebriechen an der Gläichberechtigung méi Gewiicht ze ginn, oder eben net. D'Reuniounen, déi d'Madamm Minister am Kontext vun de Gemengewahlen zesumme mam Syvicol organiséiert huet, waren an där Fro ganz opschlossräich an hunn zu ganz genee deenen dote Konklusiounen gefouert.

Ech kéim dann zum zweete Volet vum Gesetz, dee virgesäit, de Prinzip vum gläiche Loun fir gläich Aarbecht am Code du travail ze verankeren. De Rapporteur Marc Angel huet schonn all Moosnamen am Detail erkläert, an duerfir wierklech e grouse Merci. Ech wäert se net widerhuelen. All dës Moosnamen sinn an eisen Ae wichtig a richtig. Si gi wahrscheinlech awer net duer, fir déi hartnäckeg Lounschéier tëscht Fraen a Männer am Privatsektor definitiv ze behiewen.

D'Ursache vun dëser Ongläichheet sinn näamlech ganz komplex an d'Léisungssatz dowéinst net manner. Fir d'Éischt wëll ech emol betounen, datt de Problem vun den ongläiche Léin net ëmmer beim schlechte Wëlle vum Employeur läit, mä beim uralen Reflex vun eiser Gesellschaft, d'Aarbecht vun de Fraen als manner wäertvoll unzugesi wéi déi vun de Männer. Domat ginn ech der Madamm Anik Raskin vum Conseil national des femmes vollkomme recht.

Donieft gëtt et och ëmmer méi Betriber, déi drop aus sinn, sech um Niveau vun der Diversi-

téit, der Egalitéit an der sozialer Verantwortung auszezeechnen, a vill vun hinne bréngen dat och fäerdeg. Stéchwierder: Charte de la diversité, Actions positives, Plan égalité, Responsabilité sociale des entreprises, an anere Wierder RSE.

De Revers vun der Medail ass awer bekanntlech deen, datt nach laang net alles perfekt ass an och net esou séier perfekt gëtt. Et ass, wéi gesot, e ganz komplexe Problem mat villen Ursaachen.

Éischtens gi mir emol dovun aus, datt vill Lounongerechtegkeeten net erkannt ginn, ganz einfach well et sech an eiser Gesellschaft net passt, iwwert d'Akommes ze schwätzen. Zu deem Akommes gehéieren net nëmmen de Salaire de base, mä och aner finanziell a materiell Virdeeler, wéi zum Beispill Betribsween, déi deenen engen och an der Fräizäit zur Verfügung gestallt ginn, deenen aneren net. Dozou gehéieren och Primmen a Gratifikatiounen, déi nach laang net ëmmer op méi Aarbecht oder méi Responsabilitéit berouen, mä éischter op guer net noweisbare Leeschtungen.

Zweetens hunn och nëmmen déi weénegst Salariéen Zougang zu Informatiounen iwwert d'Lounstruktur an hirem Betrib a kënnen deemno guer net jugéieren, ob hire Loun gerecht ass par rapport zu deenen aneren.

Drëttens ass et och esou, datt virun allem allengerzéiend Fraen iwwerhaupt emol frou sinn, eng Aarbechtsplaz ze hunn, déi et erlaabt, Famill a Beruff mateneen ze verbannen, mam Resultat, datt se léiwer drop verzichten, sech mat Lounkämpf eng bluddeg Nues ze huelen.

An doudsécher ass et och esou, datt nëmmen déi weénegst Salarié sech trauen, bei der ITM géint hiren Employeur virzegoen. D'Angscht, duerno am Betrib diskriminéiert ze ginn, ass näamlech oft méi grouss wéi d'Hoffnung, duerno méi ze verdéngen.

All dës Facteuren, Dir Dammen an Dir Hären, a vill anerer, féieren eiser Meinung no dozou, datt d'Kultur vun der Egalitéit an de Léin an de Betriber net esou séier Fouss faasst, wéi mir eis et alleguer wënschen. Eng wichteg Konditioun, fir d'Situatioun ze verbessern, besteet eiser Meinung no doran, méi Transparenz an d'Lounstrukture vun de Betriber ze bréngen, fir datt systematesch Kontrollen iwwerhaupt emol méiglech sinn.

An der aktueller Situatioun kënnen dës Kontrollen doudsécher net vun der ITM assuréiert ginn, well et um néidege Personal feelt. Den Här Minister huet an der Kommissioun gesot, datt eigentlech e puer Honnert Leit missten agestallt ginn, fir déi Kontrolle systematesch kënnen durchzeféieren. Ech mengen awer net, datt de Wëlle besteet, fir dat ze maachen, an ech weess och net, ob dat de richteg Wee wier.

(*M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.*)

Mir mengen awer, a mir sinn och frou driwwer, datt aner Kontrollinstrumenter entwéckelt musse ginn, fir d'Lounstrukturen an de Betriber besser ze kontrolléieren an domat de Lounongerechtegkeeten vun Ufank u virzegräifen. Et geet net duer, datt Kontrolle just op Fräiwëllegkeet baséieren.

An deem Sënn ënnerstëtze mir als gréng Fraktioun net nëmmen dëse Projet de loi, mä all weider Initiativ vun der Regierung, déi fir méi Gerechtegkeet suert an de Lounverhältnissen, mä och an der Gesellschaft.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Lorsché. An den Här Gibéryen fir d'ADR ass scho prett.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut de Projet 6892, wou ech dem Kolleeg Marc Angel wëll Merci soe fir säi Rapport, e Projet, deen zwee Voleten huet: ee Punkt, wou mer de Code du travail änneren, wat d'Egalitéit vun de Gehälter tëschtent Mann a Fra ubelaangt, an en zweete Volet, dee Quoten afféiert bei de Kandidatëlëschte fir d'Chamber an d'Europaparlamentswahlen. Bei de Chamberwahle musse 40% vun all Sexe drop vertruede sinn a bei den Europawahle 50%. Déi Partei, déi dee Prozentsaz net respektéiert, kritt am Kader vun der Parteiefinanzéierung hir Montante gekierzt.

Ech wëll mech am Ufank fir d'Éischt mat deem zweete Volet, näamlech wat d'Quoten ubelaangt, befaassen. D'ADR war nach ëmmer géint Quoten a mir haten dat och all kéier an eise Wahlprogrammer stoen. Esou am Wahlprogramm 2013: D'ADR schwätzt sech fir e faire politesche Wettbewerb aus a leent duerfir all Aart vu Quoten oder aner Aschränkunge vum fräie Wielerwëllen of.



Mä och an der ADR hunn d'ADR-Frae sech ëmmer kloer géint eng Quoteregulung ausgeschwat. Esou hunn nach den 30. September 2015 d'ADR-Frae geschriwwen: „D'ADR-Frae schwätze sech ausdrécklech géint d'Quoten aus, sief dat an der Politik oder am Beruff. Déi perséinlech Fäegkeeten a Kompetenzen eleng sollten de Kritär fir Auswiel a Befërderung sinn. Quote gi géint de Prinzip vu gläiche Rechter, ee vun de Grondprinzipie vun der Demokratie. Fir eng gerecht Behandlung ze garantéieren, sinn d'ADR-Frae géint d'Diskriminatioun vun enger Persoun, déi op hirem Geschlecht baséiert, sief se positiv oder negativ.“

Mä net nëmmen d'ADR huet sech géint Quoten ausgeschwat, och d'Demokratesch Partei huet sech am Prinzip ëmmer géint Quoten ausgeschwat.

D'Madamm Polfer sot den 10. Mäerz 2010 heibannen an der Chamber: „Mä, déi grouss Fro: Sinn et dann elo d'Quoten, déi esou oft an de Mond geholl ginn, déi wierklech kënnen hei d'Allheilmittel sinn? Ech soen do ganz kloer Neen. Neen! Firwat? Mä well se, esou wéi se hei gehandhabt ginn a wéi se elo de Mëtteg och schonn déi ganzen Zäit duergestallt gi sinn, einfach ineffikass sinn. Ech ginn lech nëmmen ee Beispill, an et ass scho genannt ginn. Et geet net duer, 50% oder och nach 30% Fraen op enger Lëscht ze hunn, wa se net gewielt ginn.“

Ech mengen, d'Madamm Polfer huet dat ganz richtig gesot. Et geet net duer, datt ee Quote mécht a Fraen op eng Lëscht setzt; et ass nach ëmmer de Wieler, deen decidéiert. A wa mer kucken, datt mer bei de leschte Wahlen en héije Prozentsaz haten, deen héchste Prozentsaz vun iwwer 30% vu Fraen op de Lëschten, a mer awer festgestallt hunn herno beim Resultat, datt net esou vill Frae gewielt gi sinn, da beweist dat, datt déi Quoten näischt änneren un der Situatioun.

Mä net nëmmen d'Madamm Polfer huet dat gesot. Och den Här Grethen huet hei eng Kéier gesot, an zwar war dat schon 1997: „Här President, ech sinn net de Fraeoptragte vun der Demokratescher Partei. Ech weess awer, datt besonnesch déi weiblech Membere vun der Demokratescher Partei sech vehement sougenannte Fraequoten opposéieren, well se et onwürdeg fannen, als Fra hire „Mann“ nëmme kënnen ze stoen duerch positiv Diskriminierung.“

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, wa mer awer haut elo kucken, datt d'Demokratesch Partei dësem Projet de loi wäert zoustëmmen, da wëll ech och nach soen, datt eng aner eminent politesch Damm eng Kéier gesot huet: „Quoten ass eppes fir d'Kéi. A mir si keng Kéi, mir si Fraen.“

A wann een dann haut gesäit, datt d'Demokratesch Partei dësem Gesetz zoustëmmt, da verstëtt Der, Här President, datt ech déi Ausso weder kommentéieren nach Konklusiounen dorüwwer zéie wëll aus Respekt vis-à-vis vun eise Fraen.

Här President, wann eng Partei esou e Sënnswandel mécht, wéi d'Demokratesch Partei dat hei mécht, da muss ee wëssen, datt dat de Präis ass vun enger fréierer liberaler Partei, wa se wëllt an eng lénksideologesch Regierung kommen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Här President, et kann een emol kucken, wivill Fraen da bei de leschte Wahlen op deenen eenzelne Lëschte kandidéiert hunn:

Déi meeschte Fraen hu kandidéiert bei eise Kolleege vun der grénger Partei, wou 29 Fraen an 31 Männer kandidéiert hunn, a si haten domadder eng Quot vun 48,3%.

Déi Zweet waren déi Lénk; déi haten der 28 géint 32. Dat war eng Quot vu 46,7%. Un drëtter Stell kënnst d'ADR: 24 Kandidaten entspreche 40%; d'ADR hat 23 Kandidaten.

D'CSV war déi Véiert mat 19 Kandidaten. An d'Lëtzeburger Sozialistescher Aarbechterpartei hat der nëmme 16 op hirer Lëscht an ass domat op der fënnefter Plaz gelant.

D'DP ass op sechster Plaz mat 15 gelant, wou awer dann de Beweis erbruecht ginn ass, datt, obschonn d'DP nëmme 15 Fraen op hirer Lëscht hat, der awer véier gewielt gi sinn a si domadder am Fong ouni Quoten am Verhältnis zu hire Mandater déi meeschte Fraen an der Chamber huet.

(**Interruptions**)

Här President, wann ee kuckt, datt d'Sozialisten op der fënnefter Plaz mat 16 Deputéiertekandidatinne bei 26,7% leien, da verstee een, datt eng sozialistesche Ministesch, déi sécherlech parteiintern Problemer huet, fir Fraen op

d'Lëscht ze kréien, dann hei e Gesetz muss maachen, fir datt se dat iwwert de politesche Wee, iwwert d'Gesetz, duerchgesat kritt, wat d'Fraen an der Sozialistescher Partei selwer net duerchgesat kréien.

An och wann haut d'sozialistesche Fraen duerch d'Land on tour si mat enger sexistescher Posch, wou elo gesot gëtt als Ausried, dat wier just gewiescht fir ze provozéieren, dann hätt ech gäre gesinn, wann een anere mat esou enger Poscheniddi komm wier, mat esou enger sexistescher Posch, wéi dann d'Wellen héichgeschloen hätte bei de sozialistesche Fraen. Da wier sécherlech net vun enger Provokatioun geschwat ginn, mä da wier dat als eng sexistesch a frech Approche vis-à-vis vun de Fraen ugesi ginn. D'sozialistesche Fraen hätten duerfir besser, si géife bei hirer Parteileedung untrieden a sech do staarkmaachen, datt Fraen op d'Lëschte kommen, amplat datt se esou Campagnen duerch d'Land maachen.

Et schéngt souwiso esou ze sinn, wéi wann an der Parteileedung, wann ech dat richtig interpretéieren, vun der LSAP nëmme Machoe géife setzen, déi keng Frae wëilten op d'Lëschten hunn. Well wann ech de Rapport vun eise Rapporteur liesen, deen als eent vun den Argumenter opféiert, firwat mer Quote muss kréien, da schreift de Marc Angel a sengem Rapport: «l'inscription de quotas dans la loi aide à contourner la résistance des dirigeants traditionnalistes masculins des partis» - en huet zwar geschriwwen „des partis“, mä et kënnst nëmmen eng Partei a Fro, an dat sinn d'Sozialisten -...

(**Exclamations**)

...«en forçant la main à des élites récalcitrantes qui font obstacle à l'investiture et à l'élection de femmes candidates». Dat ass d'Meenung vun dem Rapporteur vis-à-vis vu senger Parteileedung, fir dëst Gesetz ze kréien. D'Sozialiste maachen also hei e Gesetz, well parteiintern hir Frae sech net duerchgesat kréie vis-à-vis vun hirer Macho-Direktioun.

(**Interruptions**)

Här President, et ass e lénksideologeschen Agrëff an d'Fräiheet vun de Parteien a vun de Wieler. Et ass de Parteie fräigestallt an engem demokratesche Stat, hir Lëschten esou zesummenzesetzen, wéi si et fir richtig fannen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - A wann eng Partei wëllt higoen a seet: „Ma mir setzen nëmme Fraen op eng Lëscht“ oder „mir setzen nëmme Männer op eng Lëscht“, da muss dat där Partei hiert Recht sinn.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Elo gëtt gesot: „Ma et ass jo hiert Recht! Si kann dat maachen, mä awer mam Corollaire, datt se da keng finanziell Ennerstützung kritt.“ Et ass also hei e politeschen Agrëff an de System vun der fräier Vill vun de Parteien, hir Kandidatelëschten esou opzustellen, wéi se wëllen.

An et ass och en Agrëff an dem Wieler säi Recht. Well et ka jo och sinn, datt e Wieler géif eng Partei ennerstëtzen, wou nëmme Fraen drop wieren, wann dat méiglech wier, wann déi e gudde Programm hätt. Mä elo kritt se gesot: Et mussen awer mindestens esou vill Männer do sinn. Si dierf zwar, wéi gesot, eng eege Lëscht maachen, mä si kritt keng finanziell Ennerstützung.

Här President, meng Auer leeft net hei, ech weess net, wou ech dru sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Oh, ech kann lech soen: Dir hutt nach fënnef Sekonnen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Fënnef Sekonnen?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo.

(**Brouhaha**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Bon. Hei geet et elo ëm d'Parteiefinanzéierung. Firwat ass d'Parteiefinanzéierung agefouert ginn? Ma d'Parteiefinanzéierung ass agefouert gi fir d'Onofhängegkeet vun de Parteie vis-à-vis vun der Ekonomie, vis-à-vis vun der Wirtschaftslag. Dat war d'Ursach. Et ass verbuede ginn, datt d'Parteien nach Done kréien, fir datt se kënnen onofhängeg hir Politik maachen an datt se net ënnert dem Drock oder Zwang oder mat der Hëllef vun iergendenge Wirtschaftszweige mussen kënnen fonctionnéieren.

An elo gëtt dat Gesetz mëssbraucht, fir hei d'Parteien ze sanktionéieren, déi net esou denken, wéi eng lénksideologesch Regierung mengt, datt d'Partei missten denken.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Très bien!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat hei ass e Stach mat engem Dolch an de Réck vun eiser Demokratie. An duerfir kënnen mir dat Gesetz hei net stëmmen.

Och wann de Gusty Graas seet, d'DP géif esou eppes net an hir Statuten abauen, ma, Här Graas, Dir braucht et net méi an d'Statuten anzesetzen, well Dir setzt et an d'Gesetz an. An duerfir brauch eng Partei et net méi an d'Statuten anzesetzen. Hei maache mer e Schrack. An ech kann lech soen, wann d'ADR sollt an eng nächst Regierung kommen...

(**Exclamations**)

...dann ass dat hei dat éischt Gesetz, wat an deenen éischte sechs Méint erëm ofgeschaaft gëtt!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(**Brouhaha général et interruptions diverses**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, den Här Baum huet vun deem klengen Intermezzo profitéiert, fir op d'Tribün ze kommen. A just den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, an der ideologescher Proximitéit huet mäi Virriedner jo, esou wéi den amerikanesche President a sengem Virwahlkampf, och schonn ugekënnegt, wat en alles den éischten Dag maache géif - a wat deen awer net alles gemaach huet.

(**Hilarité et interruptions diverses**)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir loosse et drop ukommen.

(**Brouhaha général**)

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, dëst Gesetz huet effektiv...

(**Coups de cloche de la présidence**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also wann ech gelift keng Trompetten hei!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Här President, dëst Gesetz huet zwee Voleten, vun deene leider deen éischen an der Diskussioun ze kuerz kënnst, well iwwert deen zweete vill ze vill polemiséiert gëtt. Beim éischte geet et drëm, datt eng Égalité salariale soll hiergestallt ginn am private Secteur, a beim zweete geet et ëm d'demokratesch Participatioun vu béide Geschlechter un de Wahlen.

Am éischten Deel soll de Prinzip vum gläiche Loun fir gläich Aarbecht, e wichtege Prinzip, elo definitiv am Code du travail festgehal ginn. Dat ass och néideg, wann ee gesäit, datt et effektiv 8% Lounënnerscheed haut nach ëmmer gëtt. Mir mussen eis awer, mengen ech, bewosst sinn, datt mat dem Aschreiwe vun deem Prinzip an de Code du travail déi Lounënnerscheeder och net verschwanne wäerten. Si sinn näamlech deelweis strukturell bedéngt och mat aneren Ursachen zesummenhängend.

Besonnesch beträff, huet d'Salariatskummer geschriwwen,... Oder: Ee Facteur dovunner ass d'Deelzäitaarbecht. Et ass och natierlech e groussen Ennerscheed, wann ee kuckt, wéi den Écart salarial ass tëschent de Geschlechter am Service public an am Service privé. A virun allem stellt ee fest, datt d'Frae meeschtens iwwerproportional a Secteure schaffe mussen, déi niddreg bezuelt sinn, also prekärer sinn, an déi dann nach eng Kéier dobäi eventuell Deelzäitaarbecht maachen. An et kënnst och aus där Statistik eraus, déi d'Madamm Duval virdrun zitéiert huet, datt och besonnesch staark d'Fraen aus Drëtlänner vun deenen Écarte beträff sinn.

Dat heescht, d'Fro vun der Bezuelung ass also net nëmmen eng Geschlechterfro, mä si ass och eng Klassefro, déi sech mat der Geschlechterfro nach eng Kéier amplifizéiert. Well et sinn dacks déi betraffe Fraen, déi an der Regel eng double oder eng triple Peine eigentlech erliden.

E Paradebeispill duerfir ass de Botzsecteur, wou et Aarbechte gëtt, déi meeschtens vu Frae gemaach ginn, déi enner Konditiounen, och haut nach ëmmer, schaffe mussen, datt se deelweis op dräi verschidde Plage-horaires zu jeeweils zwou Stonnen op dräi verschidde Plazen am Land mussen schaffe goen, an déi dann och nach no zéng Joer Berufserfahrung déi Berufserfahrung net unerkannt kréien. Dat ass e flagrant Beispill, wéi effektiv den Écart salarial an d'Fro vun ongerechter Bezuelung vu Fraen eng Wichtegkeet huet an eng Realitéit an eiser Gesellschaft haut och nach ass. A leider ännert dorunner dat heite Gesetz och näischt.

D'Wichtegkeet vun deem éischte Volet hânt awer och zesumme mat deene Méiglechkeeten an och deene Sanktiounsméiglechkeeten, déi geschafe ginn. An do muss kloer sinn, datt d'ITM Méiglechkeeten huet, fir dat doten ze kontrolléieren a fir da gegebenefalls och Sanktiounen kënnen auszuschwätzen.

Ee vun deene positiven Aspekter ass och, datt mer an deenen nächste Woche jo hei iwwert d'Gesetz „Détachement“ schwätzen, wou explizitt drastoe kënnst, datt d'ITM och als Mission kritt, den Droit du travail ze kontrolléieren, also notamment och déi dote Froen, déi

mat der Bezuelung ze dinn hunn an déi mat den Aarbechtszäiten ze dinn hunn. An och - de Minister hat et ugekënnegt - waarde mer mat ganz freedeger Erwaardung op d'Proposition vum der Reform vun der ITM, déi dann och nach soll, op jidde Fall emol no Ären Ukënnungen, virgestallt ginn an deem nächste Joer.

Den zweeten Deel ass dann deen, deen hei fir gréisser Polemik gesuergt huet: eng Quot vu 40%. Am Gesetz steet: 24 Leit - Kandidaten oder Kandidatinnen - vu 60 vun all Geschlecht mussen op de Lëschte sinn. Also franchement: Eng Partei, déi dat net hikritt, déi huet aner Problemer.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - An der Praxis muss ee luewenswäerterweis soen, datt, wann een déi lescht Wahle kuckt, an den Här Gibéryen huet d'Zuele jo genannt, an stäerksten dovunner beträff déi grouss Vollekspartei sinn - d'LSAP, d'CSV -, déi dee Quorum d'lescht Kéier net haten an déi eigentlech jo dee gréisste Reservoir missten hu vu Kandidatinnen an déi mat dësem Gesetz och dee gréissten Effort musse maachen, wat luewenswäert ass.

déi gréng an déi Lénk, mir...

(**Interruption**)

...- an och den ADR - hätten d'Konditiounen erfüllt. Et sinn déi grouss Volleksparteien. An et sinn och déi, déi, mengen ech, mat dësem Gesetz zentral cibléiert sinn a wou et och wierklech eng verännerend Wierkung kann hunn.

Et muss een dann awer och soen, datt d'Quot selwer wéineg contraignant ass. Et gëtt näamlech keng Partei ausgeschloss. Et ginn och keng Lëschtelplaze vakant gelooss, wéi dat bei anere Modeller vu Quoten de Fall ass. Dat Eenzezt ass: Et kritt een au prorata manner Suen aus der Parteiefinanzéierung.

Ass dat elo ondemokratesch? D'Parteiefinanzéierung huet dach och nach aner Contrainten: e gewëssenen Undeel pro Joer vun Eegekapital, dat ee muss hunn, soss risquéiert een d'Parteiefinanzéierung gestrach ze kréien. Zum Beispill ass dat een Element dovunner. Dat heescht, wann een iwwert de Wee fiert, wat mer eigentlech interessant fannen, fir et iwwert d'Parteiefinanzéierung ze maachen, ass et net nëmmen e ganz legalen, et ass virun allem och e ganz demokrateschen.

An eisen Nopeschlänner, a Frankräich, an der Belsch, kenne mer d'Quoten. Et gëtt och Quoten a Spuenien, Portugal, Slowenien. Et ass also wäit vu revolutionär, wat hei proposéiert gëtt. Et entsprécht awer enger reeller Noutwendegkeet grad wéinst deenen Zuelen, déi den Här Gibéryen genannt huet. Quote si sécher keen Allheilmittel, dat wësse mir och, mä si sinn awer de Minimum, deen noutwendeg ass, fir iwwerhaapt gläich Chancë kënnen hierzustellen. A Quote sinn och net „fir d'Kéi“, wéi Dir zitéiert hutt, Quote si fir d'Ochsen an de Parteien, déi nach ëmmer net begraff hunn, datt dat eng absolutt Noutwendegkeet ass, fir iwwerhaapt Chancëgläichheet hierzustellen!

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Très bien!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Très bien!

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Quote sinn och en Deel vun enger ganzer...

(**Interruptions diverses et coups de cloche de la présidence**)

Här President, d'Geschicht vun der Fraebewegung, vun der Emanzipatioun, déi och zum Deel d'Geschicht vun der Aarbechterbewegung ass, huet sech alles erstreide misse. An ëmmer sinn Argumenter - scheinbar Argumenter - gefall, déi och nëmmen déi klengste Selbstverständlechkeet, wat fir eis haut natierlech ass, a Fro gestallt hunn.

Mir mengen, datt deen heite Modell à la limite, doduerch datt e wéineg contraignant ass, souguer nach hätt kënnen méi wäit goen, näamlech konsequent 50% unzilen. Et stellt sech och d'Fro, wéi et weidergeet mat de Gemengewahlen. Dat soen ech als een, deen eng Partei representéiert, déi wahrscheinlech mei Problemer huet wéi den Här Graas, a ganz ville Gemenge voll Lëschten opzustellen. Mä och do stellt sech d'Fro: Wéi gi mer mat de Gemengewahlen ëm? Dat wäert sécher net an deenen nächsten zéng Méint gekläert ginn, mä des Chamber wäert an deenen nächste Joren déi Fro och nach eng Kéier misse op de Leescht huelen, egal enner wéi enger Konstellatioun.

Et ass richtig, datt de Chancëgläichheitsministère probéiert, eng Incitatiounscampagne ze maachen, wou eigentlech d'Parteien opgefuer-



dert ginn, selwer Initiativen ze huelen, fir méi Fraen op hir Lëschten ze kréien. Ech kommen awer och net derlaanscht, fir ze soen, datt dat éischt Beispill, wat mer bis elo do gesinn hunn - leider gesinn hunn - vun der „Madame on tour“, eigentlech de Géigendeel vun deem ass an datt sech immens vill engagéiert Fraen aus alle Parteie just doriwwer opreege konnten a sech guer net doranner erëmfonnt hunn, well et just e stereotypéiert Geschlechterbild duergestallt huet an alles anescht ass wéi eng Invitatioun zur Participatioun.

Et ass och de Géigendeel vun deene positiven Initiativen, wéi zum Beispill „Boys' Day“ oder „Girls' Day“, wou ebe justement probéiert gëtt, déi Stereotypen ze iwwerwannen. Hei gëtt leider mat anere Moyene geschafft.

Här President, meng Zäit ass esou gutt wéi ofgelaf. Am Résumé wëll ech lech soen: Mir stëmmen dëst Gesetz. Mir hätten eis eventuell nach een oder zwee Elementer weider dra virgestallt. Mä et muss een op jidde Fall soen, datt mer effektiv duerch d' Aféierung vun där Quot hei zumindest en éischte wichtege Schrëtt an der Chamber gemaach hunn zu enger méi grousser Chancégerechtgkeet. Merci.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Baum. Mir sinn domat um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun, an d'Wuert huet elo d'Chancëgläichheitsministesch, d'Madamm Lydia Mutsch. Ech wëll just drop hiweisen, dass d'Regierung insgesamt eng Véirelstonn huet.

Prises de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de l'Égalité des chances*.- No de Chamberwale vun 1994 koumen 20% Fraen an d'Chamber. No de Chamberwale vun 2013 koumen 23,3% Fraen an d'Chamber. 3,3% an 20 Joer! Mat deem Rythme de croisière brauche mer nach iwwer honnert Joer, bis mer weinstens bei 40% ukomm sinn. Sou laang, Dir Dammen an Dir Härren, Här Chamberspresident, wollt dës Regierung net waarden.

«Le gouvernement engagera une politique ferme en faveur d'une représentation équilibrée entre femmes et hommes au niveau de la prise de décision. (...) le gouvernement interviendra à des niveaux où il pourra directement réduire le déséquilibre toujours existant, et ce malgré les efforts volontaires qui ont été proposés ces dernières années.» Do si mer am Kär vun der Diskussioun.

Neen, zu Lëtzebuerg gëtt et keng gesetzlech Hürden, déi eng Fra haut géifen dovunner ofhalen, fir politesch aktiv ze ginn. E rezente Sondage vu mengem Ministère weist, dass d'Frae selwer zu iwwer 80% der Meinung sinn, dass et Männer a Fraen an der Politik an och an de politeschen Décisiounsprozesser muss ginn an dass d'Fraen deen Job geneesou gutt maache kënnen wéi d'Männer. D'Stereotypen fänken an där Hisiicht also un, ëmmer méi aus de Käpp ze verschwannen, dass eng Fra fir d'Politik manner géeegent wier wéi e Mann. An dat ass eng gutt Saach.

An awer geschitt et net um selwen an d'Ongläichgewicht bleift bestoen. Am Artikel 11, an en ass hei zum Deel schonn zitéiert ginn, vum Grondgesetz steet: «L'État veille à promouvoir activement l'élimination des entraves pouvant exister en matière d'égalité entre hommes et femmes.» Et kënnen an dierfen also Mesurë geholl ginn, och contrainnante, an dës Regierung mécht dat!

All drëtt Land an der Europäescher Unioun - 9 vun 28 - huet mëttlerwäi de Wee vu gesetzleche Quoten ageschloen. Doduerch ass, fir nëmmen zwee Beispiller ze nennen, a Slowenien d'Zuel vun de Fraen am Parlament vu 17% 2011 op haut 38% an d'Luucht gaangen. An der Belsch ass dës Pourcentage souguer vun 19,3% 1999 op haut 41,3% geklommen. D'Schreckgespenst vun de Quote fonctionnéiert also.

Ech hat gëschter d'Geleeënheet, a Slowenien mat menger Ministerkolleegin doriwwer ze schwätzen. A gleef mer, d'Diskussiounen an hirem Land waren do am Ufank och net anescht wéi hei bei eis, a si waren och net méi dankbar fir déi implizéiert Politiker, déi doriwwer geschwat hunn a se ageklot hunn. Mä dass een alles wëllt maachen, fir méi schnell virunzekommen, doriwwer war ee sech bei hinne eens, an ech mengen, doriwwer si mir eis och hei eens. En Accélérateur also, e Sprangbriet, eng Bréck, en Entréesbilljee.

Deem gëtt vu verschiddene Säiten entgéintgehalen, an et ass hei scho gesot ginn: Kompe-

tenze brauche keng Quoten! Jo, et gëtt tatsächlech och bei eis Leit, déi keng Quote brauchen, déi zum Beispill, déi iwwer Sport oder Kultur scho bekannt sinn, oder zum Beispill déi, wou de Papp oder d'Mamm de Wee an der Politik scho preparéiert haten.

Mir müssen awer verstärkt déi Fraen erreechen, déi déi Chance net haten, déi Fraen, déi hésitéieren, déi Loscht hätten, mä sech net trauen, déi sech selwer ënnerschätzen, wat mer schéngt eng chronesch Fraerkrankheet ze sinn, déi vu sech aus net gesinn, wat alles an hinne stécht.

Ech schwätzen iwwerhaupt hei net vun engem Fräischäin. Sech fräischwamme muss ee scho selwer, a strampelen, fir dobäi ze bleiwen, jo, dat muss een och selwer maachen. Et ass e bësse wéi bei engem E-Bike: Et geet méi schnell an och e bësse méi liicht, mä et muss een awer nach selwer pedaléieren, fir de Bierg eropzekommen.

E méi équilibréierte Mix um Décisiounsniveau a méi Chancëgläichheet notzen eis all. Do sinn der eng ganz Rëtsch vun lech, déi dat schonn hei gesot hunn. Och d'Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg muss sech dru moosse loosse, wéi e Kader si schafft, dass Fraen a Männer gläicher moossen hir ënnerschiddlech a ganz verschidden Talenter, Kompetenzen an Interessen zesummen a complémentaire asetze kënnen.

Neen, och kee Papp fënnt et normal, dass seng Duechter bei gläicher Aarbecht manner verdénge soll wéi e männleche Kolleg. Ech sinn dofir immens frou, dass ech zesumme mam Aarbechtsminister de Volet Loungläichheet an dëst Gesetz integréiere konnt. Och hei zu Lëtzebuerg gëtt et nach Differenze bei de Saläre vu Männer a vu Fraen. Domadder hu mir och an deem fir d'Chancëgläichheet esou wichtege Beräich vun der Loungläichheet Jalone gesat a wellen an deenen nächste Méint e gemeinsamen Aktionsprogramm presentéieren, dee mir och zesumme mat de Betriber wellen diskutéieren.

Ech wëll haut op dës Plaz, well mer zu zwee wellen intervenéieren, Merci so fir deen a mengen Ae ganz, ganz konstruktiven Débat, dee mer hei haten. Ech wëll och Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi an der Chancëgläichheitskommissioun geleescht gouf an och an der Aarbechtskommissioun, a virun allem och dem Rapporteur fir säi flotten an interessante Rapport. An lech alleguerter Merci fir déi flott Diskussioun vun haut.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Ministesch. An d'Wuert huet elo direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Här President, ech wëll mech natierlech deene Mercien uschlëssen un all déi, déi un deem Gesetz hei geschafft hunn, besonnesch de Rapporteur, mä och un déi, déi déi Gesetzespropositioun iwwerholl hunn. Merci, datt mer haut kënnen dat Gesetz stëmmen.

Dat Gesetz iwwert d'Loungläichheet - ech empfangen et eigentlech als eng grouss Eier als Aarbechtsminister, esou e Gesetz haut der Chamber virzeleeën -, mécht et mech eigentlech frou a stellt et mech zefridden? Am Fong net! Well ech muss soen: Am Joer 2016 mussen mer nach e Gesetz maachen, fir ze assuréieren, datt eng Fra deen nämlechte Saläre zegutt huet fir déi nämlecht Aarbecht wéi e Mann! Dat ass eigentlech eng Evolutioun, déi mech e bëssen traureg mécht.

Ech ka mer eigentlech schlecht virstellen - ech si Papp vu souwuel Jonge wéi Meedercher -, datt meng Meedercher manner Rechter hunn, wa se déi nämlecht Aarbecht maachen, wéi meng Jongen. An dat trifft op vill vun lech heibannen zou. An dat trifft op ganz vill Leit am Land zou. Duerfir ass déi Saach eng Saach, déi ons all eppes ueget. An duerfir ass déi Saach eppes, wou mer alleguer mussen dergéintstoen an derfir suergen, datt déi Ongerechtegkeet, déi fundamental Ongerechtegkeet endlech aus der Welt verschwénnt!

Déi Ongerechtegkeet ass an Europa nach kolossal: Méi wéi 16% trenne Männer a Fraen! Mir hei zu Lëtzebuerg hunn do relativ gutt opgeho. Elo ass d'Statistik eppes, wat een esou oder esou ka gesinn. Och den Etablissement vu Statistiken ass ëmmer eppes Relatives. Ech stelle fest, datt Eurostat, no deene leschten Donnéeën, Lëtzebuerg als zweetbescht Land qualifizéiert, wat den Ënnerschied zwëschen Mann a Fra bei de Revenuen, bei de Gehälter, bei de Salären ubelaangt. E Progrès, ouni Zweifel. Mir hu vill opgeho. Dat waren iwwer 10% nach viru 15 Joer.

Mä mussen mer wierklech nach eemol 20, 30, 40 Joer - net 100 Joer vläicht, wéi dat virdru gesot ginn ass -, 20, 30, 40 Joer waarden, bis

déi Egalitéit stattfënnt? Dat kënne mer net akzeptéieren! An duerfir ass et wichteg, net nëmmen e Gesetz haut ze stëmmen, mä och wierklech derfir ze suergen, datt dat Gesetz ëmgesat gëtt.

A mir kommen eigentlech vu wäit: 1951 ass an der OIT eng Konventioun adoptéiert ginn, fir déi Gläichheet eigentlech festzeleeën. Mir hu scho bis 1967 gebraucht, fir déi Konventioun ëmzesetzen. Am Traité vu Roum, 1957, steet de Prinzip vu Gläichheet vu Mann a Fra beim Saläre dran. Mir hu 1974 dat iwwer e Reglement... Ech hu mech nach ëmmer gefrot, firwat datt dat eigentlech nëmmen e Reglement war, fir dat ëmzesetzen. An duerfir ass et och wichteg, datt mer haut e Gesetz aus deem Reglement maachen. Well dat war nëmmen e Reglement.

An an deem Reglement war zwar de Prinzip festgeluecht, mä et war net kloer: Wat geschitt dann eigentlech, wann dat net respektéiert gëtt? Da seet dat Reglement: Jo, d'ITM kann dat feststellen an da kann déi Partei, déi sech léséiert fillt, bei e Geriicht goen. Wat da geschitt, ob et Penalitéite gëtt, ob et Sanktioune gëtt, dat léisst dat Reglement absolutt op! An duerfir ass et wichteg, datt mer haut dat Gesetz stëmmen.

Mä, wéi ech virdru scho gesot hunn, e Gesetz geet net duer! An ech sinn e bëssen enttäuscht, datt an engem Avis vun enger Chambre professionnelle - ech géif et nennen en „avis très frileux“ - elo op eemol sech verstoppt gëtt hantert „wéi een differenziéiert zwëschen de Funktiounen“. Neen, dat ass net de Punkt! Natierlech kann net jiddweree genau deen nämlechte Saläre, Mann oder Fra, verdénge. Mä et ass inakzeptabel, datt fir genau déi nämlechte Funktioun de Mann méi Rechter huet, méi verdénge ka wéi eng Fra. Dorëm geet et!

An duerfir maachen ech e groussen Appell, besonnesch un d'Wirtschaft, derfir ze suergen, datt déi do Situatioun verschwénnt, an zwar ganz séier! An dat ass net nëmmen am Intérêt vun eiser Gesellschaft, vun enger Gerechtegkeet an enger Gläichheet, dat ass och am Intérêt vun den Entrepreneuren. Et gëtt keng modern, kompetitiv, offen Entreprise, déi eng Politik bedreift, wou d'Fraen diskriminéiert gi par rapport zu de Männer. Eng ganz Rei vun Etüde beweisen, datt d'Diversitéit, an net nëmme Mann/Fra, mä d'Diversitéit en général e Plus ass fir d'Gesellschaften, fir d'Entrepreneuren. An duerfir kann eng onfair Behandlung vun där éischter Diversitéit Mann/Fra net eppes sinn, wat mer einfach kënnen hinhuelen!

Jo, et gëtt Secteuren, wou déi Ongläichheet méi ass wéi déi 5,4%, déi den Eurostat ons zouschreift. A besonnesch gëtt festgestallt, datt, wat eigentlech d'Frae méi ausgebilt sinn - a mir wëssen, datt méi Meedercher, méi Fraen Diplomer hu wéi Männer, domat hunn ech elo näischt gesot -, datt ebe grad do, wou héich Qualifizéierter sinn, d'Ongerechtegkeet an d'Ongläichheet ëmsou méi grouss sinn!

A mir huelen dat eigentlech einfach hin. An dat ass eigentlech e schlechten Investissement an den Développement, an d'Moderniséierung vun eisem Land, vun eiser Gesellschaft insgesamt. Mir si jo do net eleng. Ech mengen, mir sinn en bonne compagnie an Europa.

Vum 13. Dezember un - den 13. Dezember -, no där Statistik, déi mer dann hunn, schaffen d'Frae fir näischt, an der Moyenne. Dat ass ee Beispill. Dat ass an Europa vum 3. November un, bei ons den 13. Dezember. An dat ass en Dag, dee mer sollen am Kapp behalen an deen duerfir och en Usporn soll sinn, fir datt mer déi Ongläichheet do definitiv aus der Welt schafen.

Duerfir wäerte mer ons zesummesetzen, de Ministère du Travail mat dem Ministère de l'Égalité des chances, fir wierklech e Plan d'action mat allen Akteuren zesummen ze decidéieren, fir ze kucken: Wéi kënne mer schnell deen Écart op eent an dann op null bréngen? Dat ass dat Zil, wat mer alleguerter mussen verfolge. An duerfir sinn ech trotz allem zefridden, wa mer dat Gesetz haut gestëmmt hunn. Mä dat Gesetz ass den Ufank vun enger nach méi grousser Aarbecht: jiddweree ze iwwerzeegen, datt dat am Intérêt vu jiddwerengem ass. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech hu Parole après ministre gefrot, fir no dem Här Aarbechtsminister ze schwätzen, net no der Madamm Chancëgläichheitsminister.

Ech wëll soen, de Minister huet dat hei erkläert, wat ee ka mat zwou Hänn ënnerschreiwen. Ech mengen, mir sinn als ADR och 100% derfir, datt eng Fra oder e Mann, déi déiselwecht Aarbecht hunn, déiselwecht Qualifikatioun hunn, déiselwecht Responsabilitéit hunn, datt déi och

mussen datselwecht Gehalt kréien. Do gëtt et keng Differenzen!

Mä wat mer wëlle soen, dat ass - ech konnt dat virdru net uschwätzen, dofir profitéieren ech elo dervun, well ech keng Zäit méi hat -, an dem Rapport...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat ass awer eigentlech net de Sënn vun der Parole après ministre!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Ma dach, Här President, well den Här Minister dat net erkläert huet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mä Dir hutt et jo och net gesot.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Majo dach! Ma neen, en huet...

(Interruptions diverses)

Ech kann dat roueg soen. Ech hätt et virdru gesot, mä ech hat keng Zäit. Mä elo huet de Minister et net gesot, duerfir soen ech et dann elo. Voilà!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, Här Gibéryen,...

(Brouhaha)

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Gibéryen,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dir misst jo eigentlech eist Reglement auswenneg kennen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Jo, duerfir weess ech, datt ech Parole après ministre hunn, fir dozou ze schwätzen.

Ëm wat geet et hei? Am Rapport steet et ganz kloer...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Neen, et ass dat, wat... De Minister huet dat vergiess ze soen, wat awer net onwesentlech ass. Ech hu gesot, iwwer wat mer eis eens sinn, mä de Minister huet net gesot, wat de Rapporteur a sengem Rapport awer ganz kloer och als Beispill uginn huet.

Wann en zum Beispill seet, déi Chancëgläichheet wär esou ze verstoen, datt zum Beispill an engem Supermarché eng Caissière géif manner verdénge wéi deen, deen d'Regaler fëllt - well eben an de Keesse meeschtens Frae setzen a bei de Regaler meeschtens Männer géifen d'Regaler fëllen -, an dat gëtt en als Beispill un, datt dat net richtig wär, domadder si mir net averstanen! Datt e Mann oder eng Fra, déi an der Keess sinn, datselwecht verdénge, ass ganz korrekt. Oder datt e Mann oder eng Fra, déi Regaler fëllen, datselwecht verdénge, ass och korrekt. Mä fir elo verschidde Chargé mateneen ze vergläichen an ze soen...

► **Une voix**.- Genee dat huet de Minister gesot!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen, dat huet en net. Ech...

(Interruptions diverses)

Neen, dat huet de Minister net an där Form...

(Brouhaha)

...an där Form gesot. An et ass dat,...

(Interruptions diverses)

Et ass dat, wat mir net gutt fannen, an duerfir wollt ech dat preziséieren, datt de Minister sech méi allgemeng hei ausgedréckt huet. Awer wat den Hannergedanke vum...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Gibéryen,...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- ...Gesetz ass a wat vill Problemer mécht, huet en net gesot. An duerfir hunn ech et hei gesot. Merci, Här President, fir d'Wuert.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Gibéryen, ech wëll lech just drop hiweisen, dass Der just elo en typesche Fall vu Vergewaltigung vun eisem Reglement gemaach hutt.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Neen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dach, dach, ganz kloer! Dat do ass just drop erausgelaf, fir sech zousätzlech Riedezäit ze verschafen. An d'Parole après ministre, dat wësst Dir selbstverständlech ganz gutt, ass net an deem Sënn geduecht. Mir kommen nach eng Kéier selbstverständlech do drop zrëck. Mä ech géif awer bidden, dass dat hei net Schoul mécht. Ech bidden, dass dat hei net Schoul mécht, well soss si mer... On est partis pour la gloire!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Wat engem Deputéierten zousteet, muss deenen aneren och zoustoen, Här President!

(Brouhaha)



► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Déi 60 Deputéiert hunn déiselwecht Rechter!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Mir müssen nach eng Kéier iwwer eist Reglement schwätzen an och iwwert de President vun der Reglements-kommissioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gutt. Mir huelen dat zur Kenntnis a mir wäerten dat dann och bei där nächster Presidentekonferenz maachen, wou den Här Gibéryen als President vun der Reglementskommissioun jo och mat berodender Stëmm derbäi ass. Merci.

Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen, schéi chronologesch, wéi eist Reglement dat virgesäit. D'CSV huet gefrot, fir den Artikel 45 vum Chambersreglement ze applizéieren an e Vote séparé iwwert den Artikel 1 ze maachen. Mir müssen da fir d'Éischt iwwert deen Artikel ofstëmmen. Wien also mat der Teneur vun deem Artikel d'accord ass, ass gebieden, mat Jo ze stëmmen, wien net domat d'accord ass, mat Neen.

Vote séparé sur l'article 1 du projet de loi 6892

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Brouhaha)

Mir schlëssen de Vott of a mir maachen dann déi noutwendeg Korrekturen.

Ech hunn dräi Nee-Stëmmen. All déi aner Stëmmen..., ech hunn der hei 54 registréiert, mä mir maachen dann déi noutwendeg Korrektur. Et ass keen Zweifel: Den Artikel 1 ass also mat grousser Majoritéit ugeholl. Ob et elo 54 Stëmmen oder 57 ginn, well d'Maschinn net fonctionnéiert huet, dat registréiere mer. A mir ginn dann och dat definitiivt Resultat bekannt.

Résultat définitif après redressement: l'article 1 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Lex Delles), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Dann huet d'CSV-Fraktioun zwee Amendementen abruecht, vun deenen den éischten Amendement zum Zil huet, fir den Intitulé vum Gesetz ze änneren, wat dorop erausleeft, fir d'Gesetz an zwee ze deelen. Kann ech dovun ausgoen, dass d'Motivatioun dovun zur Genüge gemaach ass?

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Här President, ech sinn a mengen Ausféierungen do drop agaangen. An natierlech musse mer den Titel änneren.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Sinn nach Wuertmeldungen dozou? Ech mengen, och dozou war d'Positioun ganz kloer vun deene verschiddene Säiten. Een Deel wollt de Projet an zwee scindéieren, deen aneren Deel wollt beim Projet bleiwen.

Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwert den Amendement 1 iwwerginn. Déi also der Meenung sinn, dass de Projet als Ensemble soll duerchgoen, déi stëmmen mat Neen. An déi, déi der Meenung sinn, dass de Projet soll gedeelt ginn an en aneren Intitulé soll kréien, déi stëmmen mat Jo. Dat heescht also, déi der Meenung si vun der CSV, stëmmen mat Jo, an déi,...

(Hilarité)

...déi net der Meenung si vun der CSV, stëmmen mat Neen.

(Brouhaha et interruptions diverses)

Et ass ganz richtig. Macht mech net on-sécher, Här Wolter.

Vote sur l'amendement 1

Also, d'Ofstëmmung fänkt un.

(Interruption par M. Eugène Berger)

Dir stëmt mat Neen.

(Hilarité)

Neen, ech hunn héieren, dass den Här Berger gesot huet: „Ech stëmmen mat Neen.“

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Dann hutt Dir gutt Oueren!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ma ganz gutt Oueren. Dofir héieren ech lech och ëmmer esou gutt, wann Dir schwätzt. Well Dir sidd ee vun deenen, déi am haartsten hei schwätzen, wann Der d'Wuert net hutt.

(Hilarité)

Sou, domat ass dann d'Ofstëmmung ofgeschloss: 23-mol Jo, 34-mol Neen an 3 Abstent-iounen. Domat ass deen éischten Amendement ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Alexander Krieps);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Da komme mer zum zweeten Amendement vun der CSV, wou ech och dovun ausginn, dass e motivéiert ass an dass och déi aner Positioun kloer ass. Et gëllt datselwecht: Wie mat der Antragstellerin d'accord ass, stëmt mat Jo. A wie wëllt beim Projet de loi bleiwen, stëmt mat Neen. Also stëmmen mer elo of.

Vote sur l'amendement 2

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo direkt eriwwer: 24-mol Jo, 35-mol Neen a keng Abstent-iounen. Also ass och deen Amendement verworf.

Résultat définitif après redressement: l'amendement 2 est rejeté par 23 voix pour et 37 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gilles Baum), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

A mir géifen dann...

(Interruption)

Jo. Ech hat lech virdru schonn héieren.

(Hilarité)

A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de gesamte Projet iwwergoen. Wien also mam Projet d'accord ass, stëmt mat Jo. A wien net d'accord ass mam Projet, stëmt mat Neen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6892 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Här President, ech hu mat Jo gestëmmt.

(Hilarité et interruptions)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Resultat: 34-mol Jo, 3-mol Neen an 22 Abstent-iounen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Max Hahn), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Wëllt een d'Abstentioun motivéieren oder ass dat zur Genüge geschitt? Merci. Dann ass de Projet ugeholl.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zum nächste Punkt vun eise-m Ordre du jour iwwergoen, d'Interpellatioun vum Här Claude Adam iwwert d'Méi-sproochegkeet an der Schoul. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den Här Adam.

6. Interpellation de M. Claude Adam sur le défi de la situation plurilingue dans le système éducatif au Luxembourg

Exposé

► **M. Claude Adam** (déi gréng), *interpellateur*.- Merci, fir d'Wuert, Här President. Léif Kollee-ginnen a Kolleeen, mir hunn zu Lëtzebuerg eng eemoleg Sproochesituatioun, dat wësse mer alleguer. Villes, zum Beispill dat, wat am Sproochegesetz vun 1984 steet, ass bekannt. Mä des Sproochesituatioun huet zënter den 80er Jore changéiert.

Et schwätzen engersäits méi Leit Lëtzebuergesch wéi jee. Well awer och all Joers vill Leit op Lëtzebuerg wunnen an/oder schaffe kommen, huet een heiansdo en aneren Androck. An d'Haaptsprouche vun de Leit, déi hei wunnen, si Lëtzebuergesch - bäi Wäitem un éischer Stell -, dann déi zweet Sprooch Portugisesch, nach virum Franséischen, an da sinn nach 2% bis 3% vun eiser Populatioun, déi jee-weils Däitsch, Italienesch an Englesch schwätzen. An déi ganz vill aner Sproochen, déi gi vu manner wéi 1% vun der Populatioun geschwat.

Um Aarbechtsmaart gesäit et e bëssen anescht aus. Do ass déi meeschtgeschwate Sprooch Franséisch, ganz knapp virum Lëtzebuergeschen an däitlech virum Däitschen an Engleschen. Portugisesch gëtt just vu ronn 10% op der Aarbecht geschwat. Dës Donnéeën hunn ech aus engem Buch vum Fernand Fehlen an Andreas Heinz, „Die Luxemburger Mehrsprachigkeit“, dat 2016 erauskomm ass, e Buch, deem ech vill Lieser wënschen.

Mir, déi gréng, gesinn dese Sproocheräichtum als Chance fir eist Land a seng Awunner. Mir wëssen awer och, dass des Villfalt vill Leit ver-onsécher. A mir wëssen och, dass des Villfalt immens Ufuerderungen un eise Schoulsystem stellt, eng immens Eraufuerderung am Alldag fir eis Kanner an eis Enseignanten ass.

Duerfir ware mer der Meenung, dass et wichteg ass, och hei an der Chamber eng Kéier déi politesch Stréimungen iwwert d'Erausfuerderunge vun der Sproochevillfalt an eise-m Schoulsystem zu Wuert kommen ze loos-sen. An dat maache mer dann de Mëtteg an duerfir soen ech Merci.

An deene leschten zéng Joer ass d'Zuel vun de Kanner an der Grondschoul, déi als éischt Sprooch doheem Lëtzebuergesch schwätzen, kontinuierlech erofgaangen. „L'Enseignement luxembourgeois en chiffres“, dat sinn d'Statistike vum Ministère, déi soen eis, dass am ganzen Enseignement fondamental am Schouljoer 2014-2015 nach 37,6% vun de Kanner als éischt Sprooch doheem Lëtzebuergesch schwätzen. An ech ginn do och eng Erklärung dobäi: Et ass déi éischt Sprooch, déi doheem geschwat gëtt. Dat wëllt net heeschen, dass nëmme 37,6% vun eise Schoulkan-ner Lëtzebuergesch schwätzen. Dat sinn der nach däitlech méi.

Mä déi heiten Zuel, dat waren 2004 nach 57,8% vun de Kanner, déi als éischt Sprooch Lëtzebuergesch doheem geschwat hunn. An déi Entwécklung ass schonn derwäert komentéiert ze ginn, mä an deser schoulpoli-tescher Interpellatioun maachen ech dat net. Ech wëll hei just op Fakten hiweisen a kucken, wéi eng Erausfuerderungen des Fakte fir eise Schoulsystem duerstellen a wéi mer missten domat ëmgoen am Interessi vun eise Kanner a vun hiren Elteren.

Dës Entwécklung ass zwar méi rasant geschitt, wéi mer eis dat virgestallt haten, si war awer virauszegesinn. Duerfir ass zum Beispill schonn 1998 eng fakultativ schoolesch Offer fir Kanner vun dräi Joer geschafe ginn, déi 2009 fir d'Kan-ner nach ëmmer fakultativ bliwwen ass, fir d'Gemengen awer obligatoresch ginn ass: de Précoce. Et hätt een och do kënnen an eng aner Richtung goen, mä de politesche Wëllen deemools war, fir e Précoce ze schafen an net zum Beispill, wéi déi gréng et och gefuerdert hunn, fir méi fréi an de Modell Crècheen ze investéieren.

Et ass mir wichteg, drop hinzeweisen, dass de Précoce awer net just geschafe ginn ass, fir dass d'Kanner sollte Lëtzebuergesch léieren. Genee-sou wichteg ass och d'Förderung vun der kog-nitiver Entwécklung vum Kand, genesou och déi motivesch, déi sozial an emotional Fërde-rung vum Kand.

An awer: Lëtzebuergesch léiere war ëmmer och e wichtegt Zil. An duerfir steet och am Regie-rungsprogramm vun deser Regierung beim Punkt Précoce an Cycle 1: «Une pratique systé-matique en langue luxembourgeoise sera pré-vue, car l'apprentissage du luxembourgeois constitue la base pour le vivre ensemble à l'école et dans le pays.» An ech mengen, dat stellt och haut keen a Fro.

An den ëffentleche Schoule léieren eis Kanner d'Alphabet op Däitsch. Mir wëssen, dass den Apprentissage par assimilation ëmmer mander gutt funktionéiert. Ebe well vill Kanner net méi gutt genuch Lëtzebuergesch schwätzen, funk-tionéiert de Switch net méi wéi an der Ver-gaangenheet plus ou moins automatesch.

De Fernand Fehlen an, ech mengen, och d'Kol-leege vun déi Lénk hunn alt emol plädéiert, fir eng Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch an-zeféieren. Dat hätt de Virdeel, dass d'Lëtzebu-erger Kanner an hirer Mammesprooch géifen al-phabetiséiert ginn an de Gros vun den Auslän-ner zumindest am Ufank vun hirer Schoulcar-rière eng Friemsprooch, Däitsch, mander hät-ten. Dat hätt an eisen Aen awer och esou vill Nodeeler, dass ech se hei net alleguerte wëll opzielen. Do bräichte mer schonn eng eegen Interpellatioun derzou. Vlächicht kënnt déi jo och nach eng Kéier op eis zou.

déi gréng sinn der Meenung, dass eng Alpha-betiséierung op Lëtzebuergesch duerchaus eng Kéier a méi oder mander ferner Zukunft kann an d'A gefaasst ginn. Um aktuelle Stand vun der Entwécklung vun eiser Sprooch ass dat fir haut nach mat Sécherheet keng Alternativ.

Eng aner Iddi war, fir parallel eng franséisch Al-phabetiséierung niewent enger däitscher Al-phabetiséierung an enger Klass lafen ze loos-sen. Ech si jo wierklech e Frënd vum Differen-zéieren an ech behaapte souguer, dass ech mech an der Matière e bëssen auskennen, mä deen doten Défi wëilt ech net ugoen. Ech géif fäerten, dass dat mir géif iwwert de Kapp wues-sen.

An eng weider Iddi war et, fir Pilotklasse mat enger Alphabetiséierung op Franséisch ze star-ten, mat dem Zil, um Enn vun der Schoulflicht erëm am aktuellen, besteeënde Schoulsystem ukomm ze sinn, also no zéng Joer erëm an eise-m Schoulsystem ukomm ze sinn.